Comme les compromis de vente concernant un terrain enregistré sous le numéro cadastral 766/5884, d'une contenance de 1,39 ares et d'un terrain enregistré sous le numéro cadastral 597/5872, d'une contenance de 0,15 ares, ont été approuvés unanimement par le Conseil communal, ce dernier adopte à l'unanimité également les actes notariés y relatifs.

b) d'un subside

Au vu de la demande du «Jugendensembel vun der Mäerzeger Musek» pour un subside extraordinaire dans le cadre de son 10e anniversaire, le Conseil communal accorde une subvention de 1.000 €.

c) de la prime de solidarité «OSNOS»

Tout comme les années précédentes, la Commune de Mertzig accorde la prime de solidarité aux ménages éligibles. Dans ce contexte le Conseil Communal approuve unanimement les modalités et critères définis par l'Office social de la «Nordstad».

d) de l'abolition d'une taxe communale

Par les voix de Mike POIRÉ / Bourgmestre, Stefano D'AGOSTINO, Isabelle ELSEN-CONZEMIUS / Échevins, Mady BORMANN-WEBER, Fernando FERREIRA, Myriam HOLZEM-HANSEN / Conseillers) contre 2 voix (Amaro GARCIA GONZALEZ, Luc WEILER / conseillers), le Conseil communal approuve l'abolition d'une taxe communale, introduite en 2015, et réglementant la participation financière des élèves fréquentant des cours spécifiques au Conservatoire du Nord.

3. Affaire de personnel

En application de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux et de son règlement grand-ducal d'exécution modifiée du 14 août 2017 déterminant pour les fonctionnaires et employés communaux: I. les cas d'exception ou de tempérament aux conditions du service provisoire; II. la bonification d'ancienneté de service pour la fixation du traitement initial; III. la procédure d'attribution d'une prime pour les détenteurs d'un doctorat, le Conseil communal accorde unanimement une réduction de stage d'un an à M. Gilles Waltzing, chargé de gestion au Service technique, qui peut se prévaloir d'une expérience professionnelle de plus de 10 ans dans le secteur privé.

4. Finances communales - COVID-19, Impact sur les finances communales

Le Ministère de l'Intérieur a transmis un plan de paiement des dotations financières adapté à la situation économique actuelle. La Commune de Mertzig se voit diminuer de quelque 1,2 millions d'euros de recettes ordinaires pour l'année 2020. La Ministre de l'Intérieur a par ailleurs informé des communes dans sa circulaire n° 3834 du 8 mai 2020 relative à l'impact du COVID-19 sur les finances communales «qu'en raison des incertitudes entourant la crise actuelle, les prévisions budgétaires qui ressortent du programme de stabilité et de croissance du Grand-Duché de Luxembourg (PSC) 2020 reposent sur des hypothèses traduisant la ferme volonté du Gouvernement de maintenir une approche très prudente concernant l'estimation des recettes et des dépenses publiques». Les montants issus de projections globales, susceptibles de varier au niveau communal, se présentent comme suit:

	Article budgétaire	Budget 2020 (circulaire 3738)	Actualisation 2020	Variation
Participation directe au produit en ICC	2/170/707 120	165.000 €	124.000 €	-24,8%
Fonds de dotation globale des communes (FDGC)	2/170/744 560/G	2.187.286 €	1.805.734 €	-17,4%
Fonds de l'emploi	3/180/648 231/G	21.100 €	15.800 €	-25,1%

Dans ce contexte, le Collège des Bourgmestre et Échevins tient à signaler que suite à ces nouvelles, plusieurs entrevues avec des experts dans le domaine des finances, dont le Ministère de l'Intérieur et le SIGI, ont été fixées, et ceci en vue de la bonne gestion des finances communales. Une politique financière prudente et responsable est plus que jamais de mise sans mettre à néant les investissements prévus et indispensables.

5. Communications

Le Collège des Bourgmestre et Échevins a informé sur les projets et dossiers d'actualité.

Séance secrète**6. Enseignement fondamental - Proposition de réaffectation des postes****1 Poste C2-4 (100%) + 2 Postes SUR C2-4 (100%) et 1 Postes SUR C2-4 (100% / A20-21)**

Dans le cadre de l'organisation scolaire provisoire de l'année 2020/21, 1 poste (100%), 2 postes SUR et 1 poste SUR (100% / A20-21) sont à pourvoir sur la première liste pour les Cycles 2-4.

Sur base des publications desdits postes sur la première liste publiée par le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le Conseil communal procède au vote secret sur les différentes candidatures en application de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental et de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

Séance n° 05/2020 du Conseil Communal du 25 juin 2020

PRÉSENTS

le Bourgmestre
Mike POIRÉ

l'Échevin
Stefano D'AGOSTINO

l'Échevine
Isabelle ELSÉN-CONZEMIUS

ainsi que les Conseillers
Amaro GARCIA GONZALEZ
Myriam HOLZEM-HANSEN
Luc WEILER

Secrétaire:
Aender SCHROEDER

ABSENTS ET EXCUSÉS

Les Conseillers
Mady BORMANN-WEBER
Fernando FERREIRA

Rapport suivant l'ordre du jour de la séance

La loi du 24 mars 2020 portant prorogation de trois mois de l'état de crise déclaré par le règlement grand-ducal du 18 mars 2020 portant introduction d'une série de mesures dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 a pris fin le 24 juin 2020. Une nouvelle loi, celle du 24 juin 2020 portant introduction de mesures temporaires relatives à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et à la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 a été publiée le 25 juin 2020 et est entrée en vigueur ce même jour. L'article 2 de cette loi permet, entre autres, le vote par procuration. Ont ainsi donné procuration les conseillers suivants:

- Fernando FERREIRA / Conseiller
> Amaro GARCIA GONZALEZ / Conseiller
- Mady BORMANN-WEBER / Conseillère
> Luc WEILER / Conseiller

1. Organisation scolaire 2020/2021 - avec toutes ses parties intégrantes

En application de la loi modifiée du 6 février 2009 portant sur l'organisation de l'enseignement fondamental et suite aux avis favorables de M. le Directeur de la Région «Rédange» et de la Commission scolaire qui s'est réunie en date du 8 juin 2020, le Conseil communal décide à l'unanimité des membres présents d'approuver la proposition de l'organisation scolaire de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2020/21 élaborée et présentée par le Comité d'École.

En application de la loi précitée du 6 février 2019, le Conseil communal décide encore à l'unanimité des membres présents d'approuver le plan d'encadrement périscolaire (PEP) élaboré par les partenaires scolaires de l'École fondamentale de la Commune de Mertzig. L'encadrement périscolaire a pour mission d'assurer aux élèves l'accès aux ressources documentaires, culturelles et sportives nécessaires à leur développement et à leur formation, de les accompagner dans leurs apprentissages et de contribuer à leur développement actif et social. L'encadrement périscolaire est assuré par l'école et/ou par un organisme assurant l'accueil socio-éducatif agréé par l'État.

2. Enseignement musical

a. Organisation scolaire 2020/2021

En application de la loi modifiée du 28 avril 1998 portant harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal, le Conseil communal décide à l'unanimité des membres présents d'approuver l'organisation présentée par l'établissement d'utilité publique Union Grand-Duc Adolphe (UGDA) des cours de formation musicale et d'instruments de la Commune de Mertzig pour l'année scolaire 2020/2021.

b. Convention 2020/21

En application de la loi précitée du 28 avril 1998, le Conseil communal décide à l'unanimité des membres présents d'approuver la convention conclue entre le Collège échevinal et l'établissement d'utilité publique Union Grand-Duc Adolphe pour l'organisation des cours de formation musicale et d'instruments en la Commune de Mertzig, année scolaire 2020/21.

3. Approbation

a. de l'état des restants 2019

Le Receveur communal a présenté au Conseil communal l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2019. En application de l'article 83 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, le Conseil communal décide à l'unanimité des membres présents d'admettre en reprises provisoires 19.547,95 € du Service ordinaire et d'accorder au Collège des Bourgmestre et Echevins l'autorisation de poursuivre en justice les débiteurs qui figurent à l'état des restants 2019 avec la mention «à poursuivre».

b. de titres de recettes

Le Conseil communal a approuvé à l'unanimité des membres présents des titres de recettes pour un montant total de 1.476.909,71 €.

c. de plusieurs conventions

- Dans le cadre de la préservation de la nature, et notamment des vergers sur le territoire de la Commune de Mertzig, le Conseil communal décide à l'unanimité des membres présents d'approuver une convention conclue entre le Syndicat intercommunal SICONA, le Collège des Bourgmestre et Échevins et la Fabrique d'Église.
- Le Conseil communal a encore approuvé à l'unanimité des membres présents les avenants aux conventions conclues entre le Collège des Bourgmestre et Échevins et l'Association «Arcus / am Déngscht vu Kanner, Jugend a Famill» de Luxembourg, et ayant comme objet la gestion de la Crèche et de la Maison Relais.

4. Approbation des conventions avec le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS)

Le Conseil communal a approuvé à l'unanimité des membres présents la convention conclue entre le Collège des Bourgmestre et Échevins et le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) concernant les biens meubles et immeubles du Centre d'Intervention et de Secours de Mertzig ainsi que les modalités de fonctionnement de ce Centre.

5. Approbation de la convention concernant la collaboration régionale des programmes de mesures en zone de protection autour des captages d'eau potable

Le Conseil communal a approuvé à l'unanimité des membres présents la convention conclue entre l'État luxembourgeois, le syndicat intercommunal «Distribution d'Eau des Ardennes», en abrégé ci-après «DEA», et les communes de Beckerich, Bissen, Eil, Grosbous, Mertzig, Préizerdau, Redange-sur-Attert et Wincrange, concernant l'établissement, la mise en oeuvre, la coordination et du suivi régional des programmes de mesures des zones de protection autour des captages d'eau destinée à la consommation humaine des exploitants d'eau potable.

La convention a pour objet d'instaurer un comité de collaboration régional et de fixer les modalités d'engagement et de financement d'un «animateur eau potable», dénommé ci-après «animateur», engagé par le syndicat DEA.

6. Introduction de primes en faveur de l'utilisation rationnelle de l'énergie

Le Conseil communal décide à l'unanimité des membres présents d'approuver l'introduction des primes en faveur de l'utilisation rationnelle de l'énergie suivantes:

A	Rénovation énergétique et économies d'énergie et de ressources naturelles	Montant accordé
1	Conseil en énergie	10% de la subvention étatique avec un maximum de 250 €
2	Isolation thermique extérieure ou intérieure des murs extérieurs d'une habitation existante	10% de la subvention étatique avec un maximum de 1.500 €
3	Isolation thermique de la toiture ou de la dalle supérieure contre une zone non chauffée d'une habitation existante	10% de la subvention étatique avec un maximum de 1.000 €
4	Isolation thermique de la dalle inférieure ou des murs contre sol ou zone non chauffée d'une habitation existante	10% de la subvention étatique avec un maximum de 1.000 €
5	Remplacement fenêtres et portes fenêtres	25% de la subvention étatique avec un maximum de 500 €
B	Construction durable	Montant accordé
1	Construction d'un logement durable	10% de la subvention étatique avec un maximum de 1.000 €
2	Établissement d'un certificat LENOZ	25% de la subvention étatique avec un maximum de 500 €
C	Energies renouvelables & collecte eau de pluie	Montant accordé
1	Installation solaires photovoltaïques (max. 30 kWp)	25% de la subvention étatique avec un maximum de 1.000 €
2	Installation solaires thermiques	10% de la subvention étatique avec un maximum de 500 €
3	Installation de pompes à chaleur	10% de la subvention étatique avec un maximum de 500 €
4	Installation d'un chauffage central à granulés de bois, à plaquettes de bois ou à bûches	25% de la subvention étatique avec un maximum de 1.000 €
5	Installation d'une infrastructure pour la collecte d'eau de pluie	50% de la subvention étatique avec un maximum de 500 €
D	Chauffage	Montant accordé
1	Contrôle unique de l'efficacité énergétique («Heizungscheck»)	maximum de 50 €
2	Remplacement d'un ancien circulateur de chauffage par une pompe à haute efficacité énergétique (IEE ≤ 0.20)	50 €
E	Mobilité douce	Montant accordé
1	Achat d'un vélo conventionnel ou d'un cycle à pédalage assisté (Pédelec / max. 0,25 kW et 25 km/h)	10% du prix d'achat (max. 200 €)

7. Commission des Loyers

Le Conseil communal décide à l'unanimité des membres présents de ne proposer aucun candidat pour la Commission des loyers régionale.

8. Congé politique - Redistribution

Le Conseil communal décide à l'unanimité des membres présents d'approuver la proposition de redistribution du congé politique pour l'engagement au sein de syndicats intercommunaux, et ceci à partir du 1^{er} août 2020:

- Mike Poiré 5 heures/semaine
 6 heures/semaine
- Stefano D'Agostino 4 heures/semaine
 3 heures/semaine

9. Conseil communal - vacance de poste

Après la démission de ses fonctions de Conseillère de Mme Cathy MEURISSE, un poste au Conseil communal est devenu vacant. Dans un premier temps, le Collège des Bourgmestre et Échevins propose à ne pas recourir à des élections complémentaires, mais de continuer au nombre de 8 Conseillers.

Le vote de ce point est reporté à l'ordre de jour de la prochaine séance du Conseil communal, vu le résultat suivant: 4 voix pour (le Bourgmestre Mike POIRÉ, les Échevins Stefano D'AGOSTINO, Isabelle ELSEN-CONZEMIUS et la Conseillère Myriam HANSEN) contre 4 refus (les Conseillers Fernando Ferreira, Amaro GARCIA GONZALEZ, Luc WEILER et Mady BORMANN-WEBER).

10. Communications

Le Collège des Bourgmestre et Échevins a informé sur les projets et dossiers d'actualité.



SIDEC-Reform

Mir erënneren nach eng Kéier drun dass déi nei Poubelle mam brongen Deckel (organeschen Bio-Offall) a gréngen Deckel (Glas) réischt ab Oktober 2020 eidel gemaach ginn, nom Kalenner deen de SIDEC der Gemeng matdeelt a wéi en op www.sidec.lu publizéiert gëtt.

De Vidange vun der groër Poubelle fënnt bis dohinner wéi gewinnt all Woch um Méindeg statt.

Nous rappelons que les poubelles pour biodéchets à couvercle brun et verre creux à couvercle vert ne seront vidées qu'à partir du mois d'octobre 2020 en fonction du calendrier de collecte à consulter sur le site www.sidec.lu.

Jusqu'à cette date, le vidange de la poubelle grise aura lieu tous les lundis comme d'habitude.

Contact & Info

SIDEC - Syndicat Intercommunal pour la gestion des déchets

www.sidec.lu - Tél.: 80 89 83-1

Welcome! Nei Mataarbechter!



D'Michelle THOMA verstärkt vum 1. Januar 2020 un d'Sekretariat vun der Mäerzeger Gemeng. An der Gemengerotssitzung vum 21. November 2019 ass d'Michelle eestëmmeg vum Gemengerot op de Poste vum Rédacteur communal genannt ginn, ënnert 11 Kandidaturen wou der 4 konform zu der Ausschreibung waren. Säin Ofschloss huet d'Michelle am Lycée Classique de Diekirch gemaach. No eppes méi wéi 4 Joer bei der Spuerkeess, freet hatt sech op déi nei Erausfuerderung am Sekretariat vun der Gemeng.



Den 2. November 2018 huet den Enes MAHOVAC am Statut vun engem CAE (Contrat d'appui emploi) an der Régie ugefaangen. Wéi am November 2019 de Poste vum Expéditionnaire (C1) am Service technique ausgeschriwwen ginn ass, huet den Enes sech direkt drop gemellt an ass ënnert 58 Kandidaten vum Gemengerot eestëmmeg zréckbehal ginn. Mat engem „Diplôme de Technicien en Electrotechnique, Section Communication“ konnt den Enes den 1. Dezember dat selwecht Joer seng nei Aufgaben ugoen.

Neijoerschreceptioun 2020

De Schäffen- a Gemengerot vun der Gemeng Mäerzeg hat fir den 24. Januar MMXX häerzlech op déi 3. Editioun vun der Neijoerschreceptioun an de Centre Turelbaach invitéiert mat engem ofwiesslungsräiche kulinarischen (Show Cooking & Pimp my Kniddelen), wéi och kënschtlereche Programm (DJ & Click Box).

De Buergermeeschter Mike Poiré huet a sénger Usproch dem Gemengepersonal wéi awer och all de Partner an Akteuren déi am Laaf vum Joer 2019 sech fir Mäerzeg engagéiert an agesat hunn, sief dat beruflech, am Benevolat oder privat. Et sinn dat d'Servicer vun der Gemeng: d'Sekretariat, d'Recette, de Service technique, d'Regie mat de Gemengenaarbechter an der Botzequipe; d'Personal vun der Mäerzeger Schoul: de Corps enseignant, d'Betreiungspersonal; d'Vertreieder vun der Schouldirektioun; d'Mataarbechter vun den Betreiuungsstrukturen, d'Educatricen an d'Educateuren vun der Maison Relais Mäerzeg an der kommunaler Crèche; d'Matarbechter an d'Vertreieder vum Internat Ste Marie; d'Elterevertredung vun der Mäerzeger Schoul; de Fierschter; d'Vertreieder vun den interkommunalen Syndikater, regionalen Associatiounen, an d'Vertreieder vun den staatlechen an parastaatlechen Verwaltungen; d'Agenten vun der Police grand-ducale; den Här Bréifdréier, stellvertredend fir all d'Bréifdréier déi an der Gemeng ënnerwee sinn; d'Pompjeeën an d'First-Responder; d'Vertreieder vun all de Veräiner déi sech an den ënnerschiddlechsten Domainen engagéieren: Kultur, Sport, Natur- an Umwelt, Jugend, Soziales, Industrie an Business; d'engagéiert Member vun de konsultativen Gemengekommissiounen; d'Beroder: d'Bureaux d'études, d'Ingénieuren, d'Urbanisten an d'Architekten.

Ee grouse Merci war et och un de Klimaberoder vun der Gemeng Rainer Teelar, de Fons Jacques, Responsablen a Gestionnaire vum Leader-Grupp Atert-Wark, an de Gregor Waltersdorfer, de Beroder vum Projet #mertzig4all wou d'Gemeng sech bilanzéieren léisst op Basis vun der Matrix vum Wirtschaftsmodell vun der Gemeinwohl-Ökonomie.

Photos: Fränk Henkes







An ee spezielle Merci war et och fir de Partner vun der Gemeng a Saachen Layout, Drock & Design: dat ass d'Ingrid van der Kley, mam Sandro Rosselli vun der Agence Art&Wise vu Bierkerich, déi dësen Martiaco och nees esou schéin maachen!

Um Inventar stoung den Owend och eng Éierung: de Luc Reis war 23 Joer Schoulmeeschter zu Mäerzeg, vun 1994 bis Juli 2017, an zënter hier Directeur adjoint an der Regionaldirektioun Dikrech. De Luc gouf nodréiglech geéiert fir säi virbildlechen Asaz iwwert all déi Joren an der Mäerzeger Schoul wou hien nierft dem rengen Schoulhalen vill engagéiert war z.B. an der Organisatioun vun der Coupe scolaire oder och als Responsabelen vun der Informatik a Schoulbibliothék.

Da waren am Joer 2019 puer weider Rekrutementer an de verschiddene Servicer vun der Gemeng. Et war dofir d'Geleeënheet fir déi nei Mataarbechter virzestellen: d'Mandy Ernster, de Gilles Waltzing an d'Michelle Thoma. Den Enes Mahovac ass och vun der Regie an de Service technique gewiesselt. D'Tania Carvalho ass Receveur ginn, nodeems de Claude Nesen d'Gemeng verlooss huet Richtung säin Heemechtsduerf Buerschent. De Claude war 16 Joer am Déngscht vun der Mäerzeger Gemeng a sengen Awunner woufir mir him villmools Merci soen.

Speziell Merci gesot krut deen Owend awer och de Marcel Barros fir säin enorme benevole Engagement. De Präsident vun der Grénger Kommissioun ass den Initiator an driewend Kraaft vum Projet „Repair Café“ Mäerzeg, ass de Mann vun der 1. Stonn och am Projet #mertzig4all wou hien de Gregor Waltersdorfer op Mäerzeg invitéiert hat fir d'Gemeinwohl-Ökonomie eng éischte Kéier an enger Kommissiounssitzung ze presentéieren. Am Beräich Ëmwelt a Nohaltegkeet ass de Marcel de perfekte Beroder an ëmmer erëm Ideengeber wou hien der Gemeng immens vill hëlleft.

D'Iwwerraschung vun der Receptioun war dunn d'offiziell Ukënnegung vun der Frëndschaft vun der Gemeng Mäerzeg mat der Gemeng Merzig aus dem Saarland. D'Éiergäschter waren deemno den Alexander Boos, Ortsvorsteher vun der „Kernstadt Merzig“, zesumme mam Thorsten Stöckel, Fraktionssprecher.

Frëndschaft Mer(t)zig

D'Gemeng Mäerzeg ass immens frou dass op der Neijoerschreceptioun d'Frëndschaft mat der Gemeng Merzig am Saarland officialiséiert ginn ass!

#merzig #deutschland
#saarland #europa
#mertzig #luxemburg



*De Mike Poiré mam Alexander Boos, Ortsvorsteher
vun der Kernstadt Merzig*

*De Mike Poiré mam Birgit Knoch an dem Merziger
Buergermeeschter Marcus Hoffeld*



Nodeems d'Mäerzeger Pompjeeë scho méi laang eng harmonesch a frëndlech Relatioun mat der „Merziger Feuerwehr“ flegt a séch all Joer beim „Neujahrs-Umtrunk“ trifft, huet de Schäfferot scho ganz fréi am Mandat d'Iddi lancéiert fir och politesch de Kontakt ze sichen an d'Frëndschaft auszewäiten op aner Institutiounen a Veräiner. Wou de Projet „Nachhaltigkeit macht Schule“ vun der Energieagence S.A. dem Schäfferot vum Birgit Knoch presentéiert ginn ass, huet sech rausgestallt dass d'Birgit vu Merzig am Saarland gebierteg ass an och zesumme mam Buergermeeschter Marcus Hoffeld, zënter 2014 am Amt, an d'Schoul gaang ass. Iwwert dese perséinleche Kontakt ass du

gekuckt gi fir gemeinsame Rendez-vous ze fixéieren, an do wollt de Marcus Hoffeld eis zu Mäerzeg besiche kommen. D'Birgit Knoch war do mat um Rendez-vous den 8. November 2019 wou sech ee ganze Moie mam Buergermeeschter Mike Poiré ausgestosch ginn ass iwwert eng méiglech Partnerschaft. Et war een sech direkt géigesäiteg sympathesch. Onofhängeg vun der Gréisst vu béide Gemengen, haten déi zwee Buergermeeschter een Austausch iwwert d'Geschicht vu béide Gemengen, d'politesch Prioritéiten, déi perséinlech politesch Parcoursen, wéi och iwwert d'Wäerter an der Politik, gemeinsam Engagementer (d'Gemeng Merzig ass och eng Fairtrade-Gemeng zënter 2014), a virun



allem de Leader-Projet vun eiser Gemeng, #mertzig4all, wou de Wirtschaftsmodell vun der Gemeinwohl-Ökonomie am Fokus steet.

Et ass also net just de gemeinsamen Numm an d'Proximitéit déi eis zesummebréngen, mee virun allem déi gemeinsam Wäerter déi ee leeft am politeschen Alldag an am Engagement fir d'Allgemengheet. Béid Buergermeeschter waren sech dunn séier eens fir eng offiziell Partnerschaft ze schléisse wou nieft dem politeschen Austausch virun allem gemeinsam Aktivitéiten tëscht Veräiner an de Schoulen organiséiert kéinte ginn.

Nodeems de Gemengerot den 21. November 2019 am Kader vun de Kommunikatiounen vum Schäfferot keng weider Awänn hat, ass de Projet och an der Entente-Versammlung mat de Veräiner de 27. November 2019 diskutéiert ginn, wéi och mat der Schoulpresidentin, mam Resultat dass der Frëndschaft näischt méi am Wee stoung.

D'Neijoerschrezeptioun de 24. Januar 2020 war fir de Schäffen- a Gemengerot dunn d'Geleeënheet fir dat offiziell ze maachen. De Buergermeeschter Marcus Hoffeld hat deen Owend leider eng onëmgängelech Verflüchtung zu Merzig. Stellvertriedend op Besuch waren dofir den Alexander Boos, Ortsvorsteher vun der „Kernstadt Merzig“, an Thorsten Stöckel, Fraktionssprecher.

Den Alexander Boos huet folgend Wieder un eis Mäerzeger gericht:

„Sehr geehrter Herr Bürgermeister Poiré, lieber Mike, sehr geehrte Vertreter aus Politik, Verwaltung, Vereinen und Hilfsorganisationen, liebe Mertzigerinnen und Mertziger ... Ist es nicht toll, dass ich mich nicht einmal umstellen muss.

Ich freue mich sehr, dass ich heute hier bei Ihnen in Mertzig sein darf.

Der Name Mer(t)zig verbindet uns. Aber es ist nicht nur der Name der uns verbindet. Wir teilen gemeinsame Werte, sehen uns zu Hause in Europa und haben auch in Bezug auf die Zukunft viele Gemeinsamkeiten, die es uns leicht machen werden, unsere freundschaftlichen Bande schnell enger werden zu lassen. Ihr Mertzig ist einer der ältesten Orte in ganz Luxemburg. Auch hier haben wir Gemeinsamkeiten. Auch unser Merzig Saar wurde das erste Mal im Jahre 369 erwähnt und ist somit eine Stadt mit Geschichte. Es ist schön zu sehen, wie innovativ, modern und mit Blick auf die Zukunft in unseren beiden alten Städten gehandelt wird.

Als mich Bürgermeister Marcus Hoffeld, von dem ich Ihnen übrigens herzliche Grüße überbringen soll, auf eine eventuelle zukünftige, intensivere und freundschaftliche Zusammenarbeit zwischen unseren beiden Mer(t)zigs angesprochen hat und mich nach meiner Meinung fragte, war ich gleich Feuer und Flamme.

Bereits als Kind war ich oft in Radrennen auf Luxemburger Strassen unterwegs und bereits damals fragte ich mich, warum wir Merziger nicht engeren Kontakt zu Mertzig in Luxemburg aufnehmen. Umso mehr hat es mich gefreut von der Initiative Mike Poirés zu hören.

Unsere Feuerwehren pflegen ja schon seit langer Zeit ein harmonisches, freundschaftliches Verhältnis. Es wäre schön, wenn wir dieses jetzt auch auf andere Institutionen und Vereine ausweiten könnten.

Sie leisten tolle Arbeit hier in Mertzig. Die Beispiele Fairtrade-Gemeinde und Gemeinwohl-Ökonomie zeigen, dass es bei Ihnen hier vorwärts geht.

Es gibt viele Beispiele wo wir beide voneinander profitieren, gemeinsam Freude und Spass empfinden aber auch das Brauchtum pflegen können.

Ich freue mich sehr sie zukünftig als Freunde unserer Kernstadt Merzig bezeichnen zu dürfen und würde mich noch mehr freuen, wenn Sie das auch von uns sagen würden.

Ihnen allen und Ihren Familien ein gesundes, glückliches und erfolgreiches Neues Jahr 2020. Auf unsere Freundschaft!“

An deem Sënn, op eis Frëndschaft a villmools Merci fir de Besuch!



Action de solidarité des communes luxembourgeoises

à l'occasion de la Journée de l'Europe, le 9 mai 2020



Kuel a Stol. Dat war den Ufank. An dem Robert Schuman seng Deklaratioun vum 9. Mee 1950. Haut op den Dag viru 70 Joer. De Schuman koum hei zu Lëtzebuerg op d'Welt. Hie gëllt als ee vun de Grënnungspäpp vun Europa, wéi mir et haut kennen. D'Belsch, Däitschland, Frankräich, Holland, Italien a Lëtzebuerg hunn 1952 nom Plang vum Robert Schuman d'Europäesch Gemeinschaft fir Kuel a Stol (CECA) geschafen. Domadder gouf net nëmmen de Friden tëschent dëse Länner assuréiert, mee virun allem de Grondstee fir déi spéider Europäesch Unioun geluecht.

Déi selwecht sechs Länner hunn 1957 eng Wirtschaftsgemeinschaft an d'Liewe geruff. Dorausser ass d'Europäesch Gemeinschaft (EG) entstanen. Émmer méi Länner koumen derbäi. Am Joer 1993 ass mam Vertrag vu Maastricht d'Europäesch Unioun (EU) gegrënnt ginn. Haut nennen eppes Klenges méi wéi 500 Milliounen Leit d'EU hiert Doheem.

Dann ass do nach Schengen. Duerch d'Ofkommen vum 14. Juni 1985, viru 35 Joer, huet dat klengt Wënzerduerf am Dräilännereck et fäerdeg bruecht, weltwäit bekannt ze ginn. Schengen steet fir fräie Gidder- a Persouneverkéier. Schengen ass e Meilesteen. Fir all déi Leit, déi an deem Raum liewen. Well Schengen steet fir en Europa mat oppe- ne Grenzen. A fir Frëndschaft.

A genau dat Europa huet an de leschte Wochen zolidd Téitsche krut. Well deem engen an deem aneren op eemol d'Haut méi no war wéi d'Hiem. Wuel kee konnt sech a senge kénngsten Dreem virstellen, datt eng Rei Nationalstaaten erëm géinge Barrièren opriichten a Kontrolle maachen, déi de Passage vun engem Land an dat anert erschwéieren oder onméiglech maachen.

Fir en Europa mat oppene Grenzen

Europa huet dat zesummebruecht, wat zesumme gehéiert. Europa, dat ass en Zesummeschaffen an en Zesummeliewen. A kee soll d'Recht hunn, d'Leit an hir Liewensgewunnechten duerch Grenzen ze blockéieren.

Europa, dat sinn Honnerte vu gemeinsamen Aktiounen a Projeten, déi op kommunalem, lokalem a regionalem Plang ëmgesat ginn. Europa, dat si Frëndschaften a Partnerschaften, déi wäit iwwert d'Grenze vun de jeeweilige Länner erausginn. Firwat soll all dat elo beim Kampf géint d'Verbreede vun engem Virus ausser Kraaft an domadder op d'Spill gesat ginn?

Reesen ouni Grenzkontrollen. Sech sécher fillen an een deem anere vertrauen. Europäer ze sinn, bedeit zënter 75 Joer, ouni Krich kënnen ze liewen. Mat ville Fräiheeten, Garantien a Rechter. All dat baséiert op wirtschaftlecher a politescher Stabilitéit. An op der Solidaritéit ënnerteneen. Wéi dat elo zënter Joerzénngten Usus ass ënner gudden Noperen.

Europa ass awer virun allem och en Europa vun de Bierger. Onofhängeg dovunner, ob si déi eng Säit oder déi aner Säit vun de Landesgrenze liewen. Europa ass och en Europa vun de Gemengen a vun de Stied. Well et ass do, wou d'Leit doheem sinn a liewen.

Duerfir och dëse Message vun de Lëtzebuerger Gemengen a Stied zesumme mat hirem Daachverband, dem SYVICOL.

Europa soll bleiwen, wat et ass. Eng staark Unioun!

Déi Unioun gëtt, wéi vill aner Liewensgemeinschaften weltwäit, de Moment vun engem Virus op d'Prouf gestallt, mee duerfir brécht se elo awer net ausereneen. Well duerfir sinn all déi Verbindungen ze staark an d'Solidaritéit ze grouss.

Haut op dësem 9. Mee 2020, dem Europadag, genau 70 Joer nom Robert Schuman senger Deklaratioun, halen d'Lëtzebuerger Gemengen zesumme mat hire jeeweiligen Nopeschgemengen aus Däitschland, der Belsch a Frankräich den europäesche Gedanke ganz héich.

Mat engem staarke Message a mat engem symbolesche Geste gëtt den Europafändel eropgezunn.

An och aus Stolz op eng Liewensgemeinschaft, déi esou vill ze bidden huet.

Duerfir: Fir en Europa mat oppene Grenzen. D'Bierger vum ale Kontinent kennen a wëlle keen anert Europa!

Pour une Europe aux frontières ouvertes

L'Europe a uni ce qui va ensemble. L'Europe, c'est la collaboration et la cohabitation. Personne ne doit avoir le droit de bloquer les habitudes des personnes par des frontières.

L'Europe, ce sont des centaines d'actions et de projets communs mis en œuvre sur le plan communal, local et régional. L'Europe, ce sont des amitiés et des partenariats, qui vont bien au-delà des frontières des différents pays. Pourquoi tout remettre en cause pour lutter contre la propagation d'un virus?

Voyager sans contrôles aux frontières. Se sentir en sécurité et faire confiance les uns aux autres. Être Européen signifie pouvoir vivre sans guerre depuis 75 ans. Avec beaucoup de libertés, de garanties et de droits. Tout cela repose sur la stabilité économique et politique. Et sur la solidarité entre tous. C'était l'usage depuis des décennies entre bons voisins.

L'Europe est avant tout aussi l'Europe des citoyens. Peu importe de quel côté d'une frontière nationale ils vivent. L'Europe, c'est aussi l'Europe des communes et des villes. C'est là que les gens sont chez eux, c'est là qu'ils vivent.

D'où ce message des communes et des villes luxembourgeoises, ensemble avec leur syndicat, le SYVICOL.

L'Europe doit rester ce qu'elle est. Une Union forte!

Comme de nombreuses autres communautés à travers le monde, cette Union est actuellement mise à l'épreuve par un virus, mais elle ne se brisera pas pour autant. Tous ces liens sont trop forts et la solidarité est trop grande pour que cela puisse arriver.

Aujourd'hui, 9 mai 2020, Journée de l'Europe, 70 ans après la déclaration de Robert Schuman, les communes luxembourgeoises, ensemble avec leurs communes voisines en Allemagne, en Belgique et en France, portent haut l'esprit de l'Europe.

Le drapeau de l'Europe est hissé en tant que message fort et geste symbolique, mais aussi par fierté de cette communauté qui nous apporte tant.

C'est pourquoi nous revendiquons une Europe aux frontières ouvertes. Les citoyens du vieux continent ne connaissent et ne veulent pas une Europe différente!



Mertzig4All - Eng Gemeng fir jiddereen!

De Buergermeeschter Mike Poiré presentéiert de Projet Ausbau an Ëmbau vum „Wäissenhaus“, der fréierer Gierwerei.

Design4all/Mertzig4all

T'ass e Bijou matzen am Duerf: déi fréier „Weismillen“ oder d'„Wäissenhaus“, wou nach bis Ufanks vum leschte Joerhonnert fläisseg Lieder gegierft a verkaaft ginn ass. Elo ass et un der Zäit fir déi aktuell Gemengegebailechkeeten ze moderniséieren. Mike Poiré, Mäerzeger Buergermeeschter: „Den Ëmbau entsprécht verschidden Objektiv, déi mir eis an der Schäferotserklärung gesat hunn. Design4all! E Konzept wou kee bausse vir gelooss gëtt! D'Ëmbauarbechte brénge mat sech, dat och eis Matbirger mat enger kierperlecher Behënnerung ouni Barrièren duerch d'Gemeng zirkuléiere kënnen. Deemno gëtt dann och e Lift agebaut, an déi verschidden Niveauen, déi ëmmerhin tëscht net manner ewéi 26 an 112 cm louchen, ugepasst. All dës Aarbechten erlaben och d'Büroen ze reorganisieren, an zwar esou dat eng verbessert Struktur dra kënnt. Sou kënnt zum Beispill de Sall vum Gemengerot an de Festsall um éischte Stack. Do gëtt iwwregens d'Charpente renovéiert an och nees siichtbar gemaach, wat dann nach zousätzlech Plaz ënnert dem Daach schaaft. Dat ass bei Wäitem kee kleng Chantier. Dofir gëtt och elo dervu profitéiert fir dat aalt Gebai konform ze kréie mat den aktuelle Sécherheetsnormen an och energetesch z'optimiséieren.“

Den historesche Cachet bleift!

D'Gemeng kritt och eng nei Entrée wou een een direkt Zougang zum Biergerguichet kritt. Mike Poiré: „T'wor eis immens wichteg, dat den historesche Cachet vum Hauptgebai bestoe bleift, och wann et net klasséiert ass. Dofir awer gëtt den Ubau hannert der Gemeng modern mat vill Fënsterquellen, hell an transparent. Do kënnt dann och d'Entrée hin an den Ausgangspunkt fir an déi aner Raimlechkeete vun der Gemeng. An dësem Deel, an dat ass dann och eng Première fir eis Gemeng Mäerzeg, kënnt e conviviale moderne Biergerguichet.“

Des Ëmstrukturierung a nei Entrée bréngt nach weider Avantage mat sech. D'Hauptstrooss mat der Kräizung direkt virun der Gemeng gëtt vun den Autoen entlaascht, déi bis Dato ëmmer virun der Dier geparkt huet, a wat e reelle Sécherheetsrisiko duergestallt huet.

En digitale Musée

D'„Wäissenhaus“ war och d'Gebuertshaus vum bekannte Moler an Staatsarchitekt Sosthène Weis (1872-1941)*. Et ass de Wonsch vum Schäfferot fir hien mat engem digitale Musée z'éieren. Mike Poiré: „An d'Gemeng kënnt en digitale Musée, deen dem Sosthène Weis seng Aarbechten „belicht“. Dëst gëtt méiglech gemaach duerch eng Zesummenaarbecht mam Musée National d'Histoire et d'Art, dee schon ee groussen Deel vu senger Biller digitaliséiert huet.“

Dësen inklusiven Ëm- an Ubau vun der Gemeng Mäerzeg chiffréiert sech op 5,3 Mio €, a bis dat d'Aarbechte fäerdeg sinn, ass eng provisoersch modular Struktur installéiert ginn um Site vun der Schoul hannert dem Centre Turelbaach. Parallel schafft de Schäfferot a Gemengerot zënter dem Ufank vum Mandat, zesumme mat de Schoulpartner an dem Architektbüro, un engem aneren ambitiöse Projet: den Ausbau an d'Modernisierung vun de Schoul-, Betreuungs- a Sportinfrastrukturen. D'Zil ass och do fir d'Qualitéit an d'Funktionalitéit vun den öffentlechen Infrastrukturen, banne wéi bausse, konsequent ze verbessern.

* De Sosthène Weis, gebuer den 29. Januar 1872 zu Mäerzeg, a gestuerwen den 28. Juli 1941 an der Stad Lëtzebuerg, war e renomméierte Moler an Architekt. Als Moler ass hien als romantische Postimpressionist bekannt a war e Meeschter an der Aquarell-Technik. Et gëtt geschat datt hien eng gutt 5.000 Biller gemoolt huet. Als Staatsarchitekt (1905-1920) zielen z.B. zu senger Wierker den „Hôtel des Postes“ um Aldringer an der Uewerstad (1908-1910), d'Orangerie am „Domaine thermal“ zu Munneref (1910), d'Graf vum Paul Eyschen um Nikloskierfecht an der Stad (1917), d'Ausféierung vun de Bauarbechte vum ARBED-Gebai an der Stad no de Pläng vum franséischen Architekt René Théry (1919). Fir d'ARBED huet de Sosthène Weis sech dunn ab 1920 haaptsächlech em de Bau vu Sozialwunnenge gekëmmert.

Mertzig fait peau neuve

Après s'être engagé dans l'Economie pour le Bien Commun en juin dernier, Mike Poiré, bourgmestre de Mertzig, poursuit les initiatives qui visent à dynamiser sa commune. Il présente le projet d'extension et de transformation du bâtiment qui accueille actuellement la maison communale.

Situé au centre du village, le bâtiment de l'administration communale était anciennement occupé par une tannerie, avant d'être utilisé par les bureaux des différents services de la commune. «Le projet de transformation répond à plusieurs objectifs que nous nous sommes fixés lors des élections. Il s'agit notamment de promouvoir le concept «design for all» afin de rendre accessible l'ensemble du bâtiment aux personnes à mobilité réduite, mais aussi de réagencer les services et bureaux par fonctions. Nous mettrons également en conformité les sorties de secours», détaille Mike Poiré, bourgmestre de la commune de Mertzig.

Actuellement, la maison communale ne dispose pas d'un ascenseur. «L'accès aux bureaux de l'étage se fait en effet par un ancien escalier. Celui-ci n'est plus conforme à la sécurité dans la fonction publique», explique-t-il. Le bâtiment présente également des différences de niveaux allant de 26 à 112 centimètres. En cause? Les trois parties qui composent le bâtiment, à savoir le corps du logis ainsi que les parties gauche et droite de la grange.

Une extension à l'arrière du bâtiment

L'aménagement du bâtiment existant sera réorganisé. «La salle du conseil communal prendra par exemple la place de l'actuelle salle des fêtes située à l'étage. La charpente y sera d'ailleurs entièrement restaurée pour être visible et donc libérer du volume jusque sous le toit», décrit le bourgmestre.

Le bâtiment sera repensé avec la création d'une nouvelle entrée qui accueillera un guichet pour les citoyens. «Cet espace sera convivial et sera une grande nouveauté pour la commune. La salle d'attente sera elle aussi réagencée. L'autre grand projet sera l'ajout d'une extension moderne, en parallèle et à l'arrière du bâtiment existant. En effet, nous souhaitons vivement garder le cachet historique du bâtiment principal, même s'il n'est pas classé», présente Mike Poiré.

Cette nouvelle construction se composera d'un volume d'entrée, d'un espace de circulation principal et de trois autres volumes de liaisons. «Pour résumer, l'extension sera en partie vitrée, elle se veut légère, éclairée et transparente».


L'entrée de la maison communale sera par ailleurs repositionnée et permettra de soulager la rue principale du stationnement de voiture. Enfin, l'ensemble du bâtiment sera énergétiquement amélioré afin de répondre aux normes en vigueur.

Un musée digital

Cette infrastructure a aussi vu naître l'artiste peintre Sosthène Weis (1872-1941). Mike Poiré et les élus de la commune envisagent ainsi d'intégrer «un musée digital qui mettra en lumière la vie de cette personnalité locale et ses oeuvres. Nous collaborons avec le Musée National d'Histoire et d'Art qui a déjà digitalisé une grande partie d'entre elles pour ses propres besoins».

Elaboré par le cabinet d'architecture «JONAS», le projet affiche un coût total de 5,3 millions d'euros. Une structure provisoire a été installée sur le site scolaire derrière le Centre «Turelbaach» qui accueillera désormais l'administration communale le temps des travaux. Cet investissement matérialise les ambitions dynamiques de développement de la commune de Mertzig.

Chantier



ZONE



AN DER GEMENG MÄERZEG
DANS LA COMMUNE DE MERTZIG



MESURE GÉINT D'GERENNS AN DEN 30ER-ZONEN

D'Gemeng Mäerzeg bied d'Chauffeure vun ALLE Gefierer d'Vitesslimitatiounen an de Stroossen ze respektéieren.

RESULTAT ËMFRO

Bei der Ausschaffung vum „Séchere Schoulwee“ huet eng Ëmfro bei de Schoukanner an den Eilteren erginn, dass d'Sécherheet an de Stroossen net garantéiert ass. Déi heefegst Aussoen:

- Et gëtt ze séier gefuer;
- D'Automobiliste respektéieren d'Prioritéit vun de Foussgänger net.

D'Gemeng Mäerzeg reagéiert

BERLINER KËSSEN

A verschidden 30er-Zonen huet d'Gemeng d'„Berliner Kësse“ (och nach „Gendarmes couchés“ genannt) installéiert, dést niert Anengungen op deene Plaze wou et méiglech wor.

BESCHËLDERUNGEN

Aktuell ginn adequat Beschëldegerungen opge-riicht fir z'evitéieren, dass laanscht d'„Berliner Kësse“ gerannt gëtt. Do wou keng Plaz ass fir Schëldeger opgerichte ginn Adaptatioune virgeholl, ewéi z.B. an enger Pente.

KOOPERATIOUN

D'Gemeng, a Kooperatioun mat der Stroossebauverwaltung an der nationaler Verkéierskommissioun, schafft weider Moosnamen aus fir méi sécher Staatsstroossen am Duerfzentrum, esou wéi och an den An- an Ausgänger vun der Gemeng.

D'MESURE WIERKEN

Dës aktuell Mesuren hu positiven Uklang fonnt. D'Gemeng engagéiert sech fir weider Verbesserungen virzehuelen.



22, rue Principale - L-9168 Mertzig
T 83 82 44 - 1 F 83 82 44 - 300
commune@mertzig.lu www.mertzig.lu

MESURES CONTRE LES EXCÈS DE VITESSE DANS LES ZONES 30

La Commune de Mertzig demande aux conducteurs de tout véhicule de respecter les limitations de vitesse dans les rues.

RÉSULTAT ENQUÊTE

Lors de la création du « Séchere Schoulwee », une enquête menée auprès des écoliers et des parents a révélé que la sécurité des piétons n'est pas garantie. Les problèmes les plus récurrents :

- la conduite est trop rapide ;
- les automobilistes ne respectent pas la priorité donnée aux piétons.

La Commune de Mertzig réagit

« GENDARMES COUCHÉS »

Dans les Zones 30, la Commune a installé des « Gendarmes couchés » où cela était possible.

SIGNALISATIONS

Actuellement, des signalisations adéquates sont installées pour empêcher de conduire à grande vitesse le long des « Gendarmes couchés ». Aux endroits où aucune signalisation ne peut être installée, des adaptations sont effectuées, par exemple dans les rues à forte pente.

COOPÉRATION

La Commune, l'Administration des Ponts et Chaussées et la Commission nationale de la Circulation routière analysent la possibilité de prendre des mesures supplémentaires sur les routes nationales et notamment dans la Rue principale et les entrées/sorties de la Commune.

MESURES EFFICACES

Les mesures prises ont été très bien accueillies. La Commune s'engage à réaliser d'autres propositions d'amélioration.



Avis au public

Redressement rue de l'École, rue de Vichten & rue Gaessel

De grouse Chantier vun der „Rue de l'école“ vum Kreesverkéier un bis op d'Intersektioun vun der Méchelbacher Strooss fänkt am Prinzip de 14. September 2020 un. Déi concernéiert Awunner goufe schon informéiert.

De Gemengerot huet de Projet an der Sitzung vum 30. Januar 2020 gestëmmt an d'Prozedur vun der Ausschreiwung konnt an de leschte Wochen ofgeschloss ginn. Den Devis beleeft sech op 2.290.000 €. Den Detail vun den Aarbechten, wou och Dealer vun der „Gaass“, der „Gaessel“ an dem „Kiirchepad“ betraff sinn, fannt dir am Gemengerotsbericht n° 01/2020 vum 30. Januar 2020 an dësem Martiaco.

No der Fäerdegstellung vun dësem Chantier wäert de Schäfferot dem Gemengerot proposéieren d'Verkéisreglement ze änneren fir dass d'„Gaass“ erëm just fir d'Bewunner aus dëser Strooss zougängelech ass („Anlieger frei“). An deem Kontext gëtt proposéiert den Deel vun der „Rue de l'école“ wou aktuell eng Einbahnstrooss ass bis an de Kreesverkéier nees opzemaachen fir de Verkéier a béid Richtungen, dëst och am Kader vun zwee Bauprojeten déi an deem Beräich vun der Strooss kuerz- a méttelfristeg realiséiert kéinte ginn a wou d'Strooss méi breet gemaach gëtt. Fir dës Ännerungen ze erméiglechen brauch d'Gemeng och de favorablen Avis vun der nationaler Verkéiskommissioun.

Do wou et méiglech ass hëlt d'Gemeng weiderhin Mesure géint d'Gerenns an den 30er-Zone! Eng Strooss wou Mesüre onméiglech sinn ëmzesetzen ass d'„Gaass“. Duerch d'„Revers pavés“ an der Mëtt vun der Strooss ass d'Fixéieren vu de „Berliner Këssen“ net méiglech. Historesch bedingt huet d'Strooss keen Trottoir, si ass extrem schmuel an déi vill Autoen parke wëll virun den Haiser. Anengungen duerch Blummebacken oder Pottoë sinn och sch wiereg well d'Gemeng keng Propriétéiten huet a Parkplazen virun den Haiser wechfale geefen.



D'Gemeng Mäerzeg biet d'Chauffeure vun alle Gefierer d'Vitesslimitatiounen an de Stroossen ze respektéieren.

Zéckt och net Är konkret Verbesserungsvirschléi der Gemeng an dem Schäfferot matzedeele iwwer Telefon (83 82 44-1) oder Email (college.echevinal@mertzig.lu), grad wéi d'Police iwwert d'regelméissegt Gerenns zu informéieren. Merci fir Är Hëllef!

Nationalfeierdag

D'Festivitéite vum Nationalfeierdag konnten dëst Joer leider net stattfannen. Mir sinn alleguer weiderhin verflucht opzepassen an d'Consignë vun der Regierung anzehalen. Mir soen lech nach eng Kéier Merci fir Äre Respekt, Är Solidaritéit an Hëllef am Interessi vun der Gesondheet an der Sécherheet vun eis alleguerten.



#nationalfeierdag
#mertzig4all

Nationalfeierdag ass den Dag vun all de Mënschen am Grand-Duché, vu jidderengem deen zu Lëtzebuerg wunnt, schafft a leeft. Et ass den Dag fir jiddereen deen sech mat Lëtzebuerg identifizéiert, d'Land a sengem Häerz dréit, egal wéi enger Relioun, Philosophie, Kultur oder Nationalitéit een ugehéiert.

Mir all zesumme sinn een Deel vun der Villsäitegkeet, déi d'Stärkt vun eiser Gesellschaft ausmécht.

Op Nationalfeierdag feiere mir zesummen bei eis doheem, zu Mäerzeg, eise Staatschef, deen eis Unitéit, eist Land vertritt. Op Groussherzogsgebuerdsdag wëlle mir, och am Numm vum Gemengerot, dem Grand-Duc Henri a senger ganzer Famill dofir eise Respekt an eis oprichteg Wënsch ausspriechechen.

À tous ceux qui vivent dans notre commune et qui viennent de plus loin. Vous faites partie de notre patrie, ensemble nous formons un pays extraordinaire. Depuis que le Grand-Duché de Luxembourg existe en tant qu'État indépendant, nous avons été un pays multilingue et multiculturel. Notre histoire, notre ADN et notre identité nationale sont celles d'une société ouverte. Le 23 juin 2020, nous célébrons notre Fête nationale et ce jour important suscite une réflexion sur nous-mêmes, et «nous», c'est nous tous. Les Luxembourgeois et les non-Luxembourgeois constituent une unité et une nation fière de l'être.

Vive de Grand-Duc!

Vive eis groussherzoglech Famill!

Vive Lëtzebuerg!

«Ons Heemecht»

«Ons Heemecht» (Notre patrie) est, depuis 1895, l'hymne national du Grand-Duché de Luxembourg. L'hymne a été composé par Jean-Antoine Zinnen en 1864. Michel Lentz est l'auteur des paroles en luxembourgeois. L'hymne a été interprété pour la première fois le 5 juin 1864 à Ettelbruck. La version officielle est composée seulement des strophes 1 et 4.

Traduction française

1^{RE} STROPHE

Où l'Alzette arrose les prés
Et la Sûre les rochers
La Moselle les bords pourprés
Où la vigne s'accroche
C'est là le sol de notre amour
C'est la terre chérie
Pour qui nous donnerions toujours
Notre sang, ô patrie!
Pour qui nous donnerions toujours
Notre sang, ô patrie!

4^E STROPHE

Ô Toi, le Maître souverain
Des peuples de la terre
Écarte de ta forte main
La menace étrangère
Au mot de liberté, l'enfant
Sent son âme qui vibre
Fais-nous, au soleil triomphant
Rester un peuple libre
Fais-nous, au soleil triomphant
Rester un peuple libre.

I. Stroph

Wou^{*} d'UELZECHT DURECH d'Wisen zéit,
DUERCH } D'Fielsen } D' Sãũẽr } BRËCHT.
D' FIJGËR }
WOU d'Rief laanscht D'M°U°S°E°L dofteg bléit,
Den Himmel Wäin } ONS } DAT ASS }
mëcht. } onst Land } fir dat
» MIR GÉIF, HEINIDDEN ALLES WON. «
2x { Ons } DAT MIR }
HEEMECHTSLAND, } SOU DÉIF }
An onsen Hierzer dron. }

4. Stroph

DU DO UEWEN,^{*} d'ëëm séng Hand
Duurch d'Welt } D'NATIOUNE } BEHITT
leet. } DU }
d'Lëtzebuerger LAND } ~VRU~ } Joch } & Leed!
als Kanner schon } DE FRÄIE }
ons all } GEESCHT } jo ginn.
2x { LOOSS } d'Fräiheetsson }
VIRU BLÉNKEN } déi mir } SOU LAANG } gesinn. }

Kleng Réckbléck op d'Kiermes 2019

De Freideg, 13. September 2019 war d'Ouverture vun der Kiermes fir Kleng a Grouss mat neie Spiller, och erëm Knuppautoën, lessen a Gedréngs mat Hëllef vun der Marche Gourmande Asbl.



D'Märzeger Musek war zu puer Musikantinnen a Musikanten bis laanscht kommt fir den Hämmelsmarsch ze spillen.

D'Kiermesausstellung am Centre „Turelbaach“ hat dëst Joer folgend Sujeten:

- **“Eng Rees ronderëm d'Welt” by Mäerzeger Schoul**
- **FAIRTRADE Mäerzeg engagéiert sech fir e fairen Handel mat de Produzenten an Afrika, Asien a Latäinamerika**
- **100 Joer Wahlrecht fir Fraen zu Lëtzebuerg**
- **ANTI-GASPI-Expo**
- **125 Joer Mäerzeger Pompjeeën**

Fir schonn déi sechste Kéier hat de Club des Jeunes op de „Ballermann Mash-up“ invitéiert. D'Mäerzeger Musek huet den Hämmelsmarsch duerch d'ganz Duerf gespillt a sondes war et dunn nach de Kiermesmätch vum FC Sporting!





13.-15.
SEPTEMBER 2019

GEMENG MÄERZEG

KlimaPakt

KIERMES ZU MÄERZEG
WËLLKOMM



D'Gemeng ass geplënnert!



Den éischte groussen Infrastrukturprojet, d'inklusive Renovatioun mat engem behënnertgerechten Zougang zum Gemengenhaus, ass op de Schinnen. Nom Vote vum Devis den 1. Februar 2019 sinn ëffentlech Ausschreibungen preparéiert ginn, d'Soumissioun huet stattfonnt an d'Aarbechten konnten nom Kollektivcongég am Wanter am Januar 2020 ufänken. D'Gemengeverwaltung an de Service technique waren op den 1. Dezember 2019 geplënnert an de Container wat dann déi provisoersch Gemeng ass bis viraussichtleg d'Rentrée/Enn 2021 wann alles no Plang leeft. Dëse Container gouf esou konzipéiert dass aus de Raim dono Kllassesäll gemaach kënnen ginn.

De Moment wou am Summer déi provisoersch Gemeng am Container opgeriicht ginn ass, huet d'Personal och fläisseg d'Këschte gepakt an et ass een nach op déi eng aner Iwwerraschung gestouss.

Um Späicher vum Gemengenhaus si virun allem al Dokumenter rëmfonnt ginn, dorënner de Plang vun der Scissioun tëscht Mäerzeg a Feelen aus dem Joer 1875 wéi och aner historesch Decouverts. D'Gemeng huet an deem Kontext e „Contrat de dépôt“ mat de Nationalarchiven (ANLUX) ofgeschloss déi sech elo fachgerecht ëm di kommunal Archiven këmmere, fir se ze restauréieren, richteg ze archivéieren an och deelweis ze digitaliséieren wéi d'Archivierungsgesetz et virgesäit.

Dann huet de Nationalmusée fir Geschicht a Konscht (MNHA) d'Tableau vum Sosthène Weis demontéiert an zréck an hiren Dépôt geholl. D'Gemeng huet de „Contrat de prêt“



De Schäfferot mam Claude Lanners vum MNHA.

deen do bestoung opgeléist, ass awer a Kontakt mam Musée fir d'Wierk vum Sosthène Weis an digitaliséierter Form a mat dem néidegen Support an Zukunft „ausstellen“. Stéchwuert „Digitale Musée“!

Och de «Centre national de recherche archéologique» (CNRA) ass kontaktéiert ginn fir archeologesch Fondstécker déi an der Gemeng stockéiert waren zréck an hiren Dépôt ze huelen fir se fachgerecht ze conservéieren.

De Schäfferot seet dem ganze Personal nach eng Kéier e grouse Merci fir dass alles reibunslos iwwert d'Bühn gaang ass. Evident war dat sécher net! L'union fait la force.



Sammelplaz / Entrepôt Butzebiereg

Matdeelung un d'Awunner

Ab dem 3. Mäerz 2020 funktionéiert, a Kollaboratioun mam Forum pour l'emploi, déi nei kommunal Sammelplaz Butzebiereg fir folgend Offäll:

- **Huelglas a Kleedersammlung;**
- **Elektroschrott: Frigoen, Truen, Fernseeën, etc.;**
- **Gréngschnatt: Gras, Straich an Äscht vun Hecken, Blieder aus dem Gaart, asw.**

D'Plaz ronderëm de Gemengenatelier kann esou a Konformitéit gesat ginn. Fir de Gréngschnatt gëtt et keng Sammelplaz méi beim Bauerebetrieb Bormann.

De neie Site ass am Ausgang vun der Gemeng Richtung Méchelbuch an ass exklusiv fir d'Mäerzeger Awunner reservéiert zu folgenden Öffnungszäiten:

Mäerz bis November:

Dönschdes	14.00 bis 18.00 Auer
Donneschdes	14.00 bis 18.00 Auer
Samschdes	11.00 bis 18.00 Auer

Dezember bis Februar:

Samschdes	10.00 bis 16.00 Auer
-----------	----------------------

Avis au public

À partir du 3 mars 2020 est aménagé, en collaboration avec le Forum pour l'emploi, le nouvel entrepôt communal Butzebiereg pour déposer les déchets suivants:

- **Verre creux et vieux vêtements;**
- **Déchets électriques: réfrigérateurs, congélateurs, télévisions, etc.;**
- **Déchets verts: gazon, arbustes et branches de haie, feuilles du jardin, etc**

Le site autour de l'atelier communal sera ainsi mis en conformité. Quant aux déchets verts, ils ne seront plus récoltés par l'entreprise agricole Bormann.

Le nouveau site se trouve à la sortie de la commune direction Michelbouch et est réservé exclusivement aux habitants de Mertzig aux heures d'ouverture suivantes:

Mars à novembre:

Mardi	14h00 à 18h00
Jeudi	14h00 à 18h00
Samedi	11h00 à 18h00

Décembre à février:

Samedi	10h00 à 16h00
--------	---------------



Les principes de la gestion des déchets

D'Ëmweltverwaltung ass zu Lëtzebuerg zoustänneg fir d'Offallgestioun an d'Kreeslaafwirtschaft vu Ressourcen ze iwwerwaachen an ze kontrolléieren. Eng effizient Offallgestioun gekoppelt un e schounenden Ëmgang mat Ressourcen ass eng ökologesch, wirtschaftlech a sozial Erausforderung, déi eng gemeinsam Approche viraus setzt.



Source & plus d'informations

<https://environnement.public.lu/fr/offall-ressourcen/principes-gestion-dechets.html>

Jusqu'à présent la plupart des hommes ne s'est que très peu souciée de la nécessité de réintroduire ses déchets dans un cycle de matières selon l'exemple de la nature. Pour atteindre cet objectif, il faut une information et une organisation appropriées à tous les niveaux, prenant en compte tous les domaines et les acteurs concernés.

Etat des lieux des principes de la gestion des déchets au Luxembourg

La démarche doit suivre les principes de la hiérarchie des déchets avec une priorité à la prévention suivie de la réutilisation et du recyclage, de la valorisation, notamment énergétique et, enfin seulement, de l'élimination.

- Le principe de la prévention veut d'abord éviter qu'un produit ne devienne un déchet ainsi que réduire la nocivité des déchets dont la production n'est pas à éviter.
- Ensuite, la préparation en vue du réemploi consiste à préparer les déchets de manière à ce qu'ils puissent être réutilisés sans autre opération de prétraitement, ce qui peut se faire par exemple par le tri, la réparation ou la récupération partielle des produits en question. Le but principal du recyclage réside dans le maintien des matières le plus longtemps que possible dans le circuit économique et d'atteindre ainsi un niveau élevé de rendement des ressources naturelles.
- Si une réintroduction dans le cycle des matières n'est pas possible, avant de recourir à une action d'élimination,

une valorisation thermique ou énergétique dans une installation prévue à cet effet doit être envisagée.

- Finalement, l'élimination est réservée aux seuls déchets qui ne se prêtent plus à une opération de réutilisation, de recyclage ou de valorisation généralement énergétique.
- Un des principes les plus importants dans le domaine de l'environnement en général et dans celui des déchets en particulier est le principe du pollueur-payeur. Ce principe vise, en bref, à faire supporter au producteur/détenteur de déchets les coûts de leur gestion. En découle le principe de la responsabilité élargie des producteurs, qui consiste à conférer à ceux qui élaborent, fabriquent, manipulent, traitent, vendent ou importent des produits la responsabilité en tout ou en partie de la gestion des déchets résultant de leurs produits.

Mesures principales relatives aux principes de la gestion des déchets au Luxembourg

Avec la prise de conscience écologique de notre société, toute la gestion des déchets doit s'intégrer dans une philosophie orientée vers une économie circulaire axée à limiter le gaspillage des ressources et les impacts environnementaux.

Aussi, le plan national de la gestion des déchets définit-il des cibles quantifiées pour les années futures et vise à promouvoir l'économie circulaire au Luxembourg.



Sammelplaz Butzebiereg

Kollaboratioun mam Forum pour l'emploi (FPE)

De Gemengerot huet a der Sitzung vum 30. Januar 2020 decidéiert fir d'Zesummenaarbecht mam «Forum pour l'emploi» (FPE) ze verstärken, nodeems mam Service «Bummelbus» deen am Abrëll 2018 zu Mäerzeg agefouert huet, ganz gutt Erfarunge gemaach gi sinn. Fir sech a Konformitéit ze setzen a Punkto Sécherheet vun de Spillplazen an a punkto dem Stockage an der Gestiou vun Offäll an och fir d'Régie communale ze verstärken, huet de Schäfferot sech ab der Rencontre 2019 mam FPE zesummegeat fir iwwert eng méi enk Kollaboratioun ze diskutéieren an dëse Beräicher.



**Forum
pour l'emploi.**

Den FPE huet als Objektiv den Encadrement, d'Initiatioun an d'Formatioun vun aarbechtslose Fraen a Männer déi iwwert d'Méiglechkeeten déi den FPE bitt, nees fit gemaach gi fir den éischten Aarbechtsmarché. De sozialen Aspekt steet also am Virdergrond wou d'Gemeng Mäerzeg, wéi vill aner Gemengen am Land, senge Verpflichtungen nach besser nokomme wëll. Déi verstärkt Kollaboratioun mam FPE stellt den anere sozialen Engagement vun der Gemeng am CIGR-Nordstad (Centre d'Initiative et de Gestion Régional Nordstad) guer net a Fro, ganz am Contraire. Béid Beschäftigungsinitiativen sollen sech an Zukunft ergänzen an sech déi vill Aarbechten an der Gemeng opdeelen.

Am Beräich Stockage a Gestiou vun Offäll huet d'Gemeng sech missten a Konformitéit setze ronderëm den Atelier wou virun allem den Dépôt vum Elektroschrott (Frigoen, Truen, Fernseeën, etc.) net méi ze geréiere war, a wou dunn gekuckt ginn ass, och en vue vun der grousser SIDEC-Reform, fir eng besser Léisung ze fannen op engem anere Site wou eng komplett kommunal Offall-Gestiou kéint stattfannen. Déi eenzeg Propriétéit vun der Gemeng déi dofir a Fro kumm ass, ass de bestoënden Entrepot um Butzebiereg wou iwwert d'Joren vill stockéiert ginn ass, virun allem Bauschutt, deen awer net méi gebraucht gëtt a wou d'Gemeng sech och virgeholl huet, dëse Site ze raumen. Am Echange mam FPE huet sech séier rausgestallt dass dësen Entrepot beschdens gëeegent ass fir ee kleng kommunale Recyclingszenter ze organiséieren, zu fixe biergerfrëndlechen Auerzäiten, mat engem Ma-

taarbechter vum FPE ëmmer sur place fir ze guidéieren a fir ze hëllefen. Fir dass dëse Service komplett ass, ass och festgehal ginn dass de Gréngschnatt (Gras, Straich an Äscht vun Hecken, Blieder aus dem Gaart, asw.) do vun de Mäerzeger entsuert ka ginn, virun allem och well de FPE do schonn déi néideg Erfahrung an enger anerer Gemeng konnt sammeln. Dat war wuel mat déi schwéierst a kontroverst Decisioun well d'Sammelplaz beim Bauerebetrieb Bormann wechgefall ass. Et war fir de Schäfferot awer wichteg ee komplette Gemengeservice unzebidden op engem eenzege Site, zu erweiderten Öffnungszäiten. Nodeems d'Ëmweltverwaltung an de „Ponts & Chaussées“ gréng Luucht ginn hunn, konnt de Projet den 30. Januar 2020 am Gemengerot presentéiert a gestëmmt ginn. De Mount Februar gouf du gebraucht fir alles prett ze maachen an de Site ass Ufank Mäerz opgaangen.

Fir weider Detailler a franséischer Sprooch verweise mir op de Rapport vum Gemengerot den 30. Januar 2020 an dësem Martiaco.

Eichenprozessionsspinner

Processionnaire du chêne

Opgepasst! Wéi d'Jore virdrun besteet och dëst Joer d'Gefor vu Prozessionsspinner-Näschter zu Mäerzeg ëm dës Zäit. Wann Dir ee Nascht gesidd, informéiert w.e.g. direkt d'Gemeng (T 83 82 44-1) oder de Fierschter (GSM 621 202 118).

Contact

Conseils sur la processionnaire du chêne:

Administration de la nature et des forêts
81, avenue de la Gare
L-9233 Diekirch
+352 247 56 600
eps@anf.etat.lu
www.emwelt.lu

Conseils de santé:

Division de l'Inspection Sanitaire
20, rue de Bitbourg
L-1273 Luxembourg-Hamm
+352 247-85650
inspection.sanitaire@ms.etat.lu
www.sante.public.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures

Administration de la nature et des forêts



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Direction de la santé

Sante.lu



La Processionnaire du chêne

Thaumetopoea processionea

Attention! Le risque de la présence de processionnaires du chêne est, comme les années précédentes, bien réel à Mertzig pendant cette période de l'année. En cas de découverte, veuillez le signaler immédiatement à l'Administration communale (T 83 82 44-1) ou au Garde forestier (GSM 621 202 118).

Comment je me protège?

- > Ne pas toucher les chenilles ou les nids
- > Expliquer aux enfants les dangers encourus et ne pas les laisser jouer en-dessous d'un arbre infesté
- > Après contact avec les poils, enlever les vêtements et les laver à la machine. Prendre une douche et bien laver les cheveux
- > Faire attention à ne pas introduire à la maison des poils urticants à travers des vêtements et des chaussures
- > Rincer les poils attachés à la peau avec de l'eau et du savon. Des poils fortement attachés doivent être enlevés (pince, papier collant)
- > En cas de problème grave, consulter un médecin
- > L'urticaire de la peau est traité par des crèmes antihistaminiques ou corticoïdes. Des compresses refroidissantes apaisent les symptômes
- > Rincer à l'eau l'oeil atteint. Consulter un spécialiste en ophtalmologie
- > Les problèmes asthmatiques réagissent aux inhalations de bronchodilatateurs et/ou corticoïdes
- > En cas d'ingestion, diluer la quantité de poils ingérés en buvant beaucoup d'eau
- > Les réactions plus sévères nécessitent une hospitalisation
- > Laisser l'enlèvement des nids au personnel qualifié



Sportinfrastrukturen „An de Bourwiesen“

Ganz séier handelen huet d’Gemeng missten an de Bourwiesen wou de synthetesch Fussballterrain net méi konform war a punkto Belag, Sécherheet, Gréisst a Beliichtung. No Récksprooch mat alle Partner gouf a Rekordzäit ee Cahier des charges ausgeschafft fir an d’ëffentlech Ausschreiwung ze goën, no der Approbatioun vum Gemengerot den 22. Mäerz 2019. Nom Zouschlag huet d’Gemeng d’Commande gemaach an d’Aarbechte konnte scho Métt Juni ufänke fir de 17. September 2019 ofgeschloss ze ginn.

De neien Terrain respektéiert elo d’international Norm FIFA QUALITY PRO. Bei der Beliichtung handelt et sech ëm dee modernste System deen aktuell um Marché ass mat engem Minimum vu Stromverbrauch.

Am Cahier des charges huet de Schäfferot grouse Wäert drop geluecht fir nohalteg an umweltfrëndlech Matière virzegesinn, virun allem bei de sougenannte „Shock-Pads“. Dëst ass eng nei Méiglechkeet am Kader vun der rezenter neier Gesetzgebung (Loi modifiée du 8 avril 2018 sur les marchés publics).

Trotz dem héijen Invest huet d’Gemeng d’Geleeënheet genotzt fir déi ganz Infrastruktur ze moderniséieren an a Stand ze setzen, am Sënn vun alle sportbegeescherte Mäerzeger, vu kleng bis grouss.

D’Gemeng seet de Gemengenservicer an de bedeelegten Firmen Merci fir déi gutt Aarbecht. D’offiziell Aweigung war den 30. November 2019 déi d’Gemeng zesumme mam FC Sporting Mäerzeg organiséiert hat.

Mäerzeger Schoul Elterevertriedung

Suite aux candidatures et conformément à la législation en la matière, l'assemblée des parents d'élèves qui a eu lieu le 22 octobre 2019 a décidé de composer la représentation des parents d'élèves de sept membres, à savoir:

- Mme Anna Correia
- M. Pierre Grisius (représentant à la Commission scolaire)
- Mme Eva Heck-Colette
- Mme Annabelle Koos
- M. John Matgen
- Mme Lara Van Ham (représentante à la Commission scolaire)
- Fabienne Wilmes-Felice

Vous avez des propositions, des idées ou des préoccupations concernant le quotidien scolaire, veuillez nous contacter par email:

parents.eleves@mertzig.lu



Youth & Work

Youth & Work ass och ganz aktiv an der Gemeng Mäerzeg. Jugendarbeitslosigkeit ass fir d'Gemeng Mäerzeg e grousst Thema, dofir schafft d'Gemeng mat Youth & Work zesummen an doduerch hun schon Jugendliche eng Aarbecht fond. Merci den Verantwortlechen vun der Gemeng Mäerzeg.

Bass du also op der Sich no enger Aarbechtsplaz, Formatioun oder Orientéierung an hues du nach keng 30 Joer? Och elo während der Krise Covid 19, wëllen mir eis Jugendliche weider begleeden. YOUTH & WORK ass OCH ELO do fir dir ze hëllefen an fir dech z'ënnerstëtzen. Grad elo ass et wichteg aktiv ze bleiwen. Mir schaffen virun iwwer Tel., Skype asw.

Kenns du och vläit en Bekannten vun dir deen betraff ass? Dofir mell dech onbedingt bei eis.

Le chômage des jeunes est un problème très important pour la commune de Mertzig, c'est pourquoi elle coopère avec Youth & Work, ce qui a déjà permis à des jeunes de la commune de trouver un travail. Merci aux responsables de la commune de Mertzig.

Tu es à la recherche d'un emploi, d'une formation ou d'une orientation et tu as moins de 30 ans? Même actuellement, pendant la crise du Covid 19, nous voulons continuer à aider les jeunes. YOUTH & WORK reste présent pour t'aider et pour te soutenir en cas de questions. Surtout maintenant il est important de rester actif. Nous continuons à travailler par tél., Skype, WhatsApp etc.

Connais-tu de tels problèmes dans ton entourage? N'hésite pas à nous contacter.



**BERATUNG BEI DER SUCHE
NACH EINER ARBEITS- ODER
AUSBILDUNGSSTELLE**

**PERSÖNLICH
FREIWILLIG
GRATIS**

**CONSEIL À LA RECHERCHE
D'UN EMPLOI OU D'UNE
FORMATION**

**INDIVIDUEL
SUR BASE VOLONTAIRE
GRATUIT**

Info

T 26 62 11 41
info@youth-and-work.lu

**Youth
&
Work**



www.youth-and-work.lu

Mariages & Partenariats (PACS)



05.10.2019 // Mariage // Gouvinhas Costa Jorge & Klein Annick



06.12.2019 // Mariage // Weiler Luc & Messineo Nathalie



07.09.2019 // Mariage // Faulconnier Nicolas & Weis Jessica



13.12.2019 // Mariage // Kass Charel & Weber Noémie



13.12.2019 // Pacs // M'Buyi Georges & Bokungu Ingila



04.10.2019 // Pacs // Jung Elvis & Blockhuys Laetitia



Vandalisme, décharge et dépôt illicites de déchets, d'ordures, de pneus, de matériaux, etc.

L'Administration communale rappelle que tout acte de vandalisme, toute décharge et tout dépôt de déchets, d'ordures, de pneus, de matériaux, etc. sont interdits et punis par la loi. Toute constatation de ces activités illicites sera immédiatement signalée à la

Police Grand-Ducale et il sera porté plainte contre le ou les auteur(s) dès le moindre indice. L'Administration communale prie tout un chacun de veiller au respect de la nature et de l'environnement.



2 Meter Mandala Solidaritéitskranz



D'Carine a Kim Lagoda & d'Nicole Keiser vu Mäerzeg hunn eis de 25. Abrëll 2020 dës Fotoen vun hirem „2 Meter Mandala Solidaritéitskranz“ rageschéckt. Et war de 39. Dag vun der Coronakris zu Lëtzebuerg. Mat Schutzmasken an 2 Meter Ofstand soen si lech alleguer Merci! D'Gemeng schléisst sech un.

Mandala-Rezept

Alles Naturmaterial aus dem Mäerzeger Bësch beim Spazéieren agesammelt: Moos, Kieferzapfen, Dännenzapfen, Bärlauch, Holz, Bichenholzblieder, Pissblummen, Äppelbléihen, Steng.

Mat bëssen Fantasie, Sonn a Spaass hun si während 3 Stonnen dëse Mandala gebastelt an deen ass ganz gutt gelang!

**FAZIT: Bleift positiv am Alldag,
bleift gesond, awer negativ am Test**

Carine a Kim Lagoda , Nicole Keiser vu Mäerzeg

Gemeinwohl-Challenge: Gemeinsam durch Corona

Rapide hat sich der Alltag von uns allen geändert. Aktivitäten und Tätigkeiten, die noch vor kurzer Zeit selbstverständlich waren, sind bis auf Weiteres nicht möglich.

Einige Gesellschaftsgruppen spüren die Auswirkungen von Corona ganz besonders:

- Ältere Menschen, die keinen Besuch mehr bekommen und verängstigt einkaufen gehen.
- Eltern von schulpflichtigen Kindern, die ohne Vorbereitung „Home Schooling“ betreiben.
- Kinder, die nicht mehr täglich mit ihren Freund*innen spielen und rumtoben dürfen.
- und viele mehr

Jeden Tag eine gute Tat

Viele von uns können diejenigen, die die Auswirkungen von Corona stark zu spüren bekommen, tatkräftig unterstützen und unsere Anerkennung zum Ausdruck bringen.

Unser Vorschlag: Tu was! Unterstütze diejenigen, die gerade Hilfe und Anerkennung brauchen. Zeige Deine Anerkennung für die Helfer*innen, die am Rande ihrer Kapazitäten arbeiten. Zum Beispiel:

- Gehe für ältere und kranke Nachbar*innen einkaufen.
- Unterrichte Kinder per Internet.
- Teile eine Packung Klopapier mit einer Nachbar*in.

Werde aktiv und motiviere andere sich zu beteiligen. Teile die Gemeinwohl-Challenge in Deinen sozialen Medien unter den Hashtags #GemeinwohlChallenge und #EcogoodChallenge. Zeig uns, wie Du in dieser herausfordernden Zeit für das Gemeinwohl aktiv bist.

#GemeinwohlChallenge
#EcogoodChallenge
#gemeinwohl
#corona
#gemeinsam
#ecogood
#wirbleibenzuhause



Info

facebook.com/
Gemeinwohl.Oekonomie
www.ecogood.org/de/
gemeinwohllchallenge/

43. Tour de Luxembourg à Cheval



Den 43. Tour de Luxembourg à Cheval hat den 13. August 2019 eng Etapp zu Mäerzeg gemaach.

Nomëttes géint fënnef Auer sinn déi ronn 20 Reider duerch d'Duerf geridden a beim Centre Culturel ukomm, si hunn hier Päerd ob Paddocks ënnerbruecht a versuergt an dunn huet déi ganz Equipe vum Tour de Luxembourg à Cheval e gemittlechen Owend verbruecht a gutt geschlof. Päerd a Leit waren scho vun Samschden un ënnerwee a waren vu Berdorf iwwer d'Fiels, d'Bleesbréck a Biissen bis op Mäerzeg komm. No dem Kaffi ass et den aneren Dag viru gaangen op Heischent.



Ee proppert Mäerzeg

Mat Sensibiliséierungscampagnen a mam gudde Wëlle vun de Bierger striewe mir ee permanent proppert Mäerzeg un op dat seng Awunner houfreg kënnen sinn. Dëst beinhalt méi Gringflächen a Blumenarrangementer am Duerfkär a bei den Hauptgemengeninfrastrukturen. Vill Infrastrukturearbechten ginn och selwer vun der Equipe an der Regie gemaach. Villmools Merci!







Chrëschtmaart

De 29. November 2019 war zu Mäerzeg déi 2. Editioun vum Chrëschtmaart a neiem Format: eng Kooperatioun tëscht der Maison Relais an der Event-Kommissioun vun der Gemeng.

Tischtennis im Zeichen der Freundschaft

In jüngster Vergangenheit war es dem DT GROUSSBUS-MÄERZEG gegönnt zwei große Tischtennis Freundschaftsturniere in der Sporthalle in Mertzig zu organisieren.

Am 31. August 2019 fand die 49. Auflage des Ardennen-Eifelpokal / Coupe Pierre Nothumb statt. Es handelt sich dabei um einen internationalen Wettbewerb im Tischtennis, der Sportler aus Frankreich, Belgien, Deutschland und Luxemburg jährlich zusammenführt. Seit nun mehr als 5 Jahren nimmt der DT GROUSSBUS-MÄERZEG, als Vertreter der luxemburgischen Farben, an dieser Veranstaltung teil. Auch wenn es für unseren Verein nur zum 4. Platz gereicht hat, so wurde über den ganzen Tag verteilt anspruchsvolles Tischtennis geboten. Die diesjährigen Pokale wurden von der Ardennen-Eifel Vereinigung gestiftet und durch die Vorsitzende des Ausschusses für Sport und Freizeitgestaltung Frau Monique Schiltges überreicht. Wie es sich für einen solchen Tag gehört, ließ man den Tag gemütlich bei einem Grillabend ausklingen.

Am 7. September 2019 war es dann an der diesjährigen 36. Auflage der „Coupe de la Wark“ an welcher die Vereine aus Feulen, Welscheid, Ettelbrück und Grosbous/Mertzig teilnahmen. Auch hier gab es im Anschluss an die Spiele ein geselliges Miteinander aller Spieler, welches bis spät in den Abend hinein andauerte. Gewonnen wurde der Pokal dieses Jahr übrigens vom DT GROUSSBUS-MÄERZEG, welcher mit folgenden Spielern antrat: Kass Martine, Witters Patrick, Friedel Christian und Wiltgen Joe.



Alle Teilnehmer der diesjährigen Auflage des Ardennen-Eifelpokal

Journée commémorative à Mertzig

Le 9 octobre 2019, le Collège échevinal, le Conseil communal et la Paroisse «Saints Pierre et Paul - Ettelbruck» ont invité les autorités, les sociétés locales et tous les habitants de la Commune à célébrer la Journée de commémoration nationale en hommage aux victimes de la Seconde Guerre mondiale.

Cette journée est consacrée au souvenir de la lutte menée par le peuple luxembourgeois durant l'occupation nazie de 1940 à 1945. Elle rend hommage à la solidarité et au courage dont il a fait preuve pendant cette période obscure.

Les autorités communales ainsi que les associations locales se sont réunies devant le Centre culturel «Turelbaach», avant de se diriger en cortège vers l'Église paroissiale, où une gerbe a été déposée devant le Monument aux Morts. S'en suivait le service religieux tenu par le nouveau curé de la Paroisse, Monsieur Romain Richer.

Dans son discours, le Bourgmestre Mike Poiré a souligné l'importance de se souvenir des chapitres du passé pour ne pas répéter les mêmes erreurs à l'avenir. La nécessité de garder en vie la mémoire des atrocités de la deuxième Guerre mondiale est indispensable dans un contexte où le climat politique international ne cesse de s'envenimer: «(...) *Wa mir haut kënnen an engem*

fräien demokratesche Land liewen, da well der vill aus deene Generatioune virun eis dat schwéier hu missen erkämpfen. Wa mir haut a Fräiheet, Fridden a Wuelstand liewen, dann ass dat hire Verdéngscht, dat sollte mer ni vergiessen. Dofir loost eis op dësem Dag deene Lëtzebuenger a Mäerzeger gedenken, deenen hiert Verhalen an enger schwéierer Zäit d'Weiderbestoe vun de moraleschen an humane Wäerter erméiglecht huet, op deenen eist Zesummeliewen opgebaut ass: Fräiheet, Solidaritéit, Respekt an Toleranz. (...)»

Le Collège des Bourgmestre et Échevins et le Conseil communal tiennent à remercier la Paroisse, les Chorales Sainte Cécile de Mertzig et de Feulen, toutes les associations et tous les citoyens présents pour leur participation à la cérémonie.







Fraen a Mammen Feelen-Mäerzeg weiterhin sozial engagiert

Mit dem Verabschieden von gleich zwei Vorstandsmitgliedern sind deren noch drei in der Vereinsspitze übriggeblieben. Eines der Hauptorgen bei den „Fraen a Mammen Feelen-Mäerzeg“ bleiben nach wie vor, die Rekrutierung von neuen Vorstandsmitgliedern. Im Rahmen der diesjährigen Generalversammlung überreichte Präsidentin Milly Hilbert-Scholtes dann den beiden scheidenden und langjährigen Vorstandsmitgliedern Mariette Thoma und Fonsy Goerens-Hawa als Anerkennung ein passendes Präsent. Im Anschluss an ihre Dankesworte, wies die Vorsitzende darauf hin, dass die Sektion seit 2003 besteht und zurzeit rund 135 Mitgliedern zählt. Sekretärin Nathalie Faber-Daubach erinnerte an die 17 Aktivitäten und sieben Vorstandssitzungen sowie an den Beistand bei verschiedenen Nachbarsektionen während des ganzen Jahres.

Eine gesunde Finanzlage konnte Sylvie Weiler-Scholtes vorlegen. Seit Bestehen wurde die stolze Summe von immerhin 75.775 € an Spenden überwiesen. In ihren jeweiligen Ansprachen unterstrichen sowohl die beiden Bürgermeister Mike Poiré und Fernand Mergen, Dekanatspräsidentin Henriette Mathias sowie auch Abbé Romain Richer ihre Anerkennung für die wertvolle und uneigennützige Arbeit die übers Jahr nicht nur in der Sektion sondern auch in guter Zusammenarbeit mit den Nachbarsektionen und dem Pfarrleben geleistet wird. Ferner war zu erfahren, dass der Pilgertag mit der Oktavmesse erstmals donnerstags, den 14. Mai um 18.15 Uhr in der Kathedrale zelebriert wird. Im Anschluss an die Versammlung folgte eine doppelte Scheckübergabe. Dankend nahmen Léa Baulesch und Nathalie Ries in Vertretung der Vereinigung „Wonschkutsch“ den Scheck über 4.000 € entgegen die zur Anschaffung einer Ambulanz eingesetzt werden. Antoine Wagner, freute sich den Scheck im selben Wert in Empfang zu nehmen. Diese Spende werde der „Stiftung Sainte-Irmine“ zugutekommen, die zur Unterstützung und Finanzierung verschiedener Projekte im Bereich der katholischen Kirche in Luxemburg ihre Verwendung finden. Der Vorstand besteht zurzeit aus: Milly Hilbert-Scholtes (Präsidentin), Nathalie Faber-Daubach (Sekretärin) und Sylvie Weiler-Scholtes (Kassiererin). Den Posten der Kassenrevisorinnen bekleiden Malou Greischer und Mireille Koch.






Op Besuch an der Gemeng Garnech

Den 20. September 2019 war d'Gemeng Mäerzeg op Besuch an der Gemeng Garnech op Invitatioun vum Buergermeeschter Georges Fohl a sengem Schäfferot. D'Gemeng Garnech läit am Westen vum Land am Kanton Capellen a besteet nieft Garnech nach aus 3 weideren Dierfer: Duelem, Héiweng a Koler.

Impressionnant ass de neie moderne Kinossall zu Koler, de KINOLER, deen zënter 2018 a Betrib ass. All Woch gi 6 Filmprojektiounen ugebueden. Vu méttwochs bis sonndes all Dag um 20.00 Auer, a sonndes och eng zousätzlech Projektioun um 15.00 Auer. Den Entréespräis läit bei 8€ fir Erwuessener a 6€ fir Studenten a Kanner. Am Ganze si 46 Plazen disponibel. Technesch ass de Sall um leschte Stand mat aussergewöhnlechen Surround-Sound „Dolby-Atmos“. Eventuell ass et dee klengsten Dolby-Atmos Kinossall weltwäit. De Wocheprogramm fënnt een um Internet, e gëtt awer och all Woch iwwert eng Newsletter un interesséiert Persoune geschéckt. Schreift lech dofir an op www.kinoler.lu.

Aussergewöhnlech ass och de Veräin „Koler Bierger“ deen 2012 gegrënnt ginn ass fir sech em d'Duerfverschéinerung an d'Zesummentrefe vun de Bierger ze këmmern. Nodeems 2018 de KINOLER opgemaach huet, huet dës Veräin och d'Gestioun vum Kino op benevoller Basis iwwerholl a wäerten dat Geld wat se do era kréien och nees an d'Duerfverschéinerung investéieren.

D'Gemeng Mäerzeg huet vill Iddiën mat heem bruecht wou d'Gemengekommissiounen a nächster Zäit domatt befaasst kënnen ginn. Déi „Garnecher“ sinn awer virun allem och um Projet Mertzig4all interesséiert wou eis Gemeng jo um Wee ass déi 1. Gemeinwohl-Ökonomie-Gemeng zu Lëtzebuerg ze ginn.



Rainbow Warrior

D'Gemeng Mäerzeg huet leschte Summer vu Greenpeace Lëtzebuerg de berühmten „Rainbow Warrior“ als Holzkonstruktioun geschenkt kritt. Als Klimapakt- a Klimabündnisgemeng huet Mäerzeg dëse Kaddo mat Begeescherung ugeholl an déi optimal Plaz fonnt um Site hannert dem Schoulcontainer. D'Schëff soll dann och een Element vum zukünftege Schoulhaff ginn. Et konnt elo am Fréijoer opgeriicht ginn.

#planetearthfirst
#mertzig4all

Ë Bléck an d'Geschicht vum Prommenhaff vu Groussbus

Épuer Bemierkungen zu den uschléissenden an och spéideren Texter sollten awer nach ubruecht sinn: d'latäinesch Virnimm vun de Persounen, esou wéi se am Parregëster agedroe sinn, gi nëmme bis zur Aféierung vum Gemenge-Persouneregëster (ëm 1800) a där deemoleger Form bäibehalen, uschléissend déi vun dunn un geleefeg Nimm gebraucht. Och goufen, an dat fir eng besser Iwwersiicht an der Successioun vun de jeeweilige Besëtzer ze erliichteren, d'Nimm vun de jeeweilige Nofolger um Haff a Fettschrëft geschriwwen. Wat déi vun ons aus dem Kadasterregëster iwwerhuelten Datume beim Wiessel vun enger Proprietéit betrëfft, esou kënnen dës liicht ëm ee Joer variéieren, well am Kadaster däraarteg Iwwerschreiwungen eréischt méintelaang méi spéit erfollegt sinn.

A sengem Buch Groussbus-Dellen, op der Säit 491, huet de Jemp Schuster d'Bewunner vum Prommenhaff wäitfort opgezeelt. Mat engem weidere Bäitrag iwwer dat, wat mat dem zäitweis ëm den 150 Ha groussem Haff am Laf vun de Jore geschitt ass, wëlle mer des Geschicht vervollstännegen. Fir eng besser Iwwersiicht ze kréien, gi mer heibäi zrëck bis an den Ufang vum 19. Jh. a kucken ons déi jeeweileg Familljen un, déi den Haff deemols an och spéider am Besëtzt haten.

Mir fänken u mam Jean-Nic Weis (1772-1825). Dësen hat beim fréien Doud vum Papp (1792) eréischt 20 Joer, wéi hien de Bauerebetrib hat missen iwwerhuelen, wat bestëmmt fir hien net liicht war. 1804 huet hie sech mam Anne-Marie Burg vun Eischt (Eschette) bestuet a si hu folgend Kanner kritt:

d'Anne-Marie (1805-?),
de (Richard) - Charles (1807-1856),
de Bernard (1811-1814),
d'Marguerite (1813-?), bestuet 1835 mam Henry Ulveling vum Beelenerhaff den Dominique (1815-1849), déi Jonggesell bliwwen war.

Vun der nofolgender Generatioun war eng weider Kéier de Papp jonk gestuerwen, esou datt den deemools souguer eréischt 17 Joer ale Charel Weis (1807-1856) nun huet misse asprangen. 1835 huet dësen sech mam Marguerite Ulveling vum Beelenerhaff bei Jonglënster (1815- 1894) bestuet. Deen Dag gouf et eng duebel Hochzäit, andeems de Charel an seng Schwëster Marguerite, d'Meedche an de Jong vum Beelenerhaff bestuet hunn. (uschléissend un d'Geschicht vum Prommenhaff bringe mer d'Kopie vum Charel Weis am Marguerite Ulveling hirem Heiratsvertrag) Béd Heef bloufen op des Art a Weis vun enger gréisserer Deelung verschount. Dëst war och schonns bei der Generatioun virdrunn de Fall gewiescht, wou mam Doud vum am Alter vu 34 Joer gestuerwenen Dominique dësem seng Deel u Land beim Haff bliwwen war.

d'Koppel Charel Weis-Marg. Ulveling hirersäits
krut folgend Kanner:
d'Anne-Marie (1836-1896), déi spéider Tatta um Haff,
d'Catherine (1837) +,
de Charel (1839-1898), bestuet mam Anna Koder,
den (Henri)-François (1841-1928), op Mäerzeg verzunn an zu Groussbus begruewen,
1902 bestuet mam Maria Pütz vun Ettelbréck,
den Henri (1843-1895), verzunn op Mäerzeg,
d'Catherine (1845-1900), bestuet mam Henri Hammerel vu Bauschelt,
de (Jean)-Michel (1847-1877), op Mäerzeg verzunn an zu Groussbus begruewen,
d'Anne (1849) +,
d'Justine (1856 -1876), ass kurz nom Bestietnes mam Pierre Hammerel gestuerwen.

Beim Doud vum Papp waren déi nach um Liewe bliwwen 7 Kanner eréischt tëschent 1 a 19 Joer al an dierften, ofgesinn vum eelste Meedchen, dem Anne-Marie, nach kaum eng Hëllef um Haff gewiescht sinn. An dach ass de Betrib virugaangen, woubäi d'Mamm sécherlech d'Rudder an d'Hand geholl huet. A punkto Deelung vun Immobilien

ass zunächst näischt geschitt, dat obwuel d'Grundverméige vum verstuerwene Papp hierkoum, an eng Deelung esou vun de Kanner hätt kenne verlaangt ginn. Allerdéngs hat d'Mamm laut Heiratsakt vum 22.01.1835 $\frac{1}{4}$ „par préciput“ de Widdem op enger Deel vun den Immobilien, an hätt am Fall vun esou enger sécherlech op hiert Recht gepocht. Zur Deelung koum et dunn awer eng Dose Joer nom Doud vum Papp, an zwar de 6.02.1868, an dat, nodeems d'Madame Weis-Ulveling den 30. Abrel 1867 an engem sougenannte Concessiounsakt hire Wëllen an hir Usprech zur programmierter Deelung notariell zu Pabeier bruecht hat.

Geleeëntlech dëser Deelung huet Mme Weis-Ulveling bal all Immobilien, déi hir iwwert den Heiratsakt zougestane hunn, hire Kanner vermeet, dobäi sech awer d'Recht op folgende Saachen ausbehalen: d'liewenslaangt Wunnrecht an deem vun elo un de Charel gefalene Haff, dat vis-à-vis vum Prommenhaff geleeënt, sougenannten „Hoschenhaus“ (haut am Besëtz vum Claude Glesener), eent 2,34 Ha grousst Stéck Land um „Heidebiërg“, a schliesslech eng Jores-Rent vu 600 Frang. Déi betr. Rent sollt zur Halschent vum Charel gedroe ginn, während de Rescht vun den aneren lerwen opzebränge war. De Charel hat heimat wuel e groussen Deel vun der Mamm hiner Pensioun um Bockel, hat duergéngt awer och eng gutt Partie Land mee zougestane kritt, an dat am Wäert vu 15.000 Frang. Heizou huet ënner anerem och de Prommenhaff an den 3,99 Ha groussen, doniewent geleeëne „Klepesch“ gehéiert.

Well bei der Deelong d'Mamm op de Gros-lot vun hirem Widdem verzicht hat, wär d'Gréisst an de Wäert vun de gedeelten Objeten recht bedeitend. Ronn 135 Ha Länner-eien koume nämlech zur Deelung. Laut Schätzung hat dat ganzt Verméigen, wouzou och nach um Mäerzeger- (11,87 Ha) an um Bëschruedterbann geleeë Gidder (9,30 Ha) gehéiert hunn, ee Gesamtwaert vun 167.470 Frang.

Heizou e puer d'Detailer:

Wäert vun de Bëscher 75.235 Fr.

Wäert vun dem Akerland 47.235 Fr.

Wäert vun de Wiesen 30.360 Fr.

Wäert vun den Dréieschen 2.065 Fr.

Wäert vun den 2 Haiser 12.000 Fr.

Ausser de separat un de Charel gefalene Gidder (10,60 Ha, inkl. de Prommenhaff) sinn un déi aner 6 Geschwëster gefall:

de Michel d'Lous 1 mat 24,90 Ha,

d'Catherine d'Lous 2 mat 21,00 Ha,

den Henri d'Lous 3 mat 21,00 Ha,

d'Marie d'Lous 4 mat 21,00 Ha,

de (Henri)-Francois d'Lous 5 mat 22,80 Ha,

d'Marie-Justine d'Lous 6 mat 11,00 Ha.

Bei der Deelung waren deemno niewent de Gebailechkeeten ronn 130 Ha u Länner-eien mat abegraff. Rechent een heibäi och nach d'Gréisst vun de ronn 15 Ha Länner-eien, déi de Charel schonns virdru als Kandsdeel kritt hat, en plus déi, déi d'Mamm sech ausbehalen hat, da kënnt een op eng Gesamtgréisst vun ëm déi 150 Ha fir den deemolege Prommenhaff.

Weider zu de Persounen:

De Charel Weis hat 1867, kurz virun der Deelung vum Prommenhaff, d'Anna Koder (1841 -1871) vu N.-Feelen bestuet a war zënter dem fréien Doud vum Papp den designierte Nofolger um Prommenhaff, woubäi hie niewent der Mamm och nach op d'Hëllef vun senger eelster Schwëster, dem Anne-Marie, konnt zielen. Duergéngt dierfte seng dräi jénger Bridder, de François, den Henry an de Jean-Michel geschwënn no der Deelung hire Pak gemeet hunn an op Mäerzeg verzu sinn.

Ier mer mat der Geschicht vum Prommenhaff weiderfueren, werfe mer e Bléck op de Liewenswee vun dësen dräi, besonnesch op dee vum Henri-François, genannt François. Wat d'genee Ursach fir deenen hiert Fortgoen ewéi och de geneeën Zäitpunkt vun dësem war, esou fënnt sech heiriwwer keng Noriicht. Gewosst ass awer, datt si allen dräi bei der Faassung vum neien Kadasterbuch am Joer 1872 ënnert dem Wunnsëtz Mäerzeg agedroe goufen. Dësweidere gëtt och schonns bei Geleeënheet vum Bestietnes vum François (15.02.1871) mam Madeleine-Pauline Kiefer (1848 -1910), Mäerzeg als dësen hire Wunnsëtz genannt, ewéi och all hir Kanner hei op d'Welt koumen. Et waren dëst:

de (Jean-François-) Sosthène (1872-1841) Architekt a bekannte Moler,

d'Hortense (1875-?),

d'Marie-Hortense (1877-?),

den Henri-Camille (1878 -1911) Professor, begruewen zu Groussbus,

den Arthur (1882-?), wunnhaft zu Mäerzeg an och do begruewen,

den (Sosthène-)Arsène (1889-?) , wunnhaft zu Lëtzebuerg an do begruewen,

d'Marie-Irène (1891-1891).

Vun dëse 6 Kanner begéine mer der ufangs des 20. Joerhonnerts eleng nach de (Jean-François) Sosthène als Grundbesëtzer zu Groussbus. Wou déi 3 Bridder, resp. d'Leit Weis-Kiefer, déi éischt Joren no hirem Fortzëie genee zu Mäerzeg gewunnt hunn, ass net gewosst. Ob dëst an engem Deel vum haitege Mäerzeger Gemengenhais

war, (wat deemools nach aus zwee Deeler an ouni ugebautem Louschapp bestoung) ass wuel méiglech, awer fraglech, well beim Kaf resp. Verkaf vun dësem (13.4.1881) nach den Nicolas Speyer, Mëller, wunnhaft Speieschmillen“ als Verkeefer, an deemno Proprietär, zitiiert gëtt. Dësen hat iwwregens dat Ganzt eréischt 6 Joer virdru seng Geschwester ofkaaft. Opfalenderweis gëtt de François Weis am notariellen Akt awer als Liedergierwer bezeechent, wat voraussetzt, datt hien deemools awer schonns eent Haus mat en etlecher Plaz fir seng Gierwgroufen huet missen zur Verfügung gehat hunn. Den Text vum Verkaafsakt vun der Speyer-Millen, dem heitege Mäerzeger Gemengenhaus, an seng Transposéierung an d'nei-däitsch Sproch, fand Dir zum Schluss vun dësem Artikel.

Schonns dat nämlecht Joer, ewéi hien d'Speieschmille kauft hat, huet den François och eng Seemillen opgeriicht (esou an der Kadasterverwaltung agedroen). Well et zu där Zäit awer nach keen Elektresch gouf, huet dës folglech nach mat Waasserkraaft misse gedriwwe ginn.

Dat zweetjéngst Kand vun de Leit Weis-Kiefer, den Arthur, huet nom Doud vum sengem Papp d'Holzseeërei iwwerholl an huet nach bis ëm 1960 hei Holzstämm geschnid-den. Muncher eelere Mäerzeger a Groussbusser diirft sech haut nach un dem Arthur seng Seeërei a säin ale Chevrolet, ee Modell ugangs der 30ger Joren, erënnere. D'Bridder Arsène an Arthur sinn iwwregens eréischt ufangs 1960 resp. 1972 gestuerwen.

Zréck bei de Prommenhaff op Groussbus:

No der Deelung vun de Lännereien am Joer 1868 war de Grondbesëtzer vum Prommenhaff mat nëmme méi zwou verbliwwene Kandsdeelen (där vum Charel an där vum Marie) staark geschmolt. Ëmmerhi louch hien awer nach bei ronn 40 Ha. D'Koppel Ch. Weis-Koder 1869 hat nëmme eng Duechter, d'Anne-Marie, an esou war eigentlech fir d'Successioun um Haff gesuergt. Dach hat d'Meedchen sech net bestuet a war 1895 am Alter vu nëmme 26 Joer gestuerwen. Domatten war et der Mamm nogaangen, déi 4 Joer no hirem Bestietnes och schonns de nämmelechte Wee gaange war. De Charel ass duerno Witmann bliwwen, an dat bis zu sengem Doud am Joer 1898. Mat sengem Doud gouf d'Enn vun där e puer Honnerte Joer aler Prommen-Vogtei definitiv an d'Wee geleet, een Zerfall, deen allerdéngs schonn no der Deelung vu 1868 agesat hat. Esou hat de (Henri)-François Weis am Joer 1874 en 15 Ha vun senger Deel un de F. Schleich-Kellen aus dem Jaufferhaus verkaaft. Mam Doud vum jonk gestuerwene

Marie-Justine (1876) gunge souzesoen all där hier Liegeschafte an aner Hänn iwwer. Den (Henri)-François Weis sengersäits, deen, ewéi gesot, 1874 nobäi säi ganze Besëtzer zu Groussbus verkaaft hat, huet e puer Joer drop openeits ugefaangen, Terraine bäizekafen. Ënner anerem waren dat 1879 en 12 Ha vu sengem Brudder Michel, 1895 en 9 Ha vum Henri an 1899 en 16 Ha aus der Hannerloossenschaft vum verstuerwene Charel. Nom Kaf vum Prommenhaff am Joer 1903 a mat deem dorunner stoussenden, nobäi 4 Ha grouse „Klepesch“ huet hien dunn awer mat dem Kafen vu weidere Lännereien opgehalen. Ëmmerhi war hien deemools Eigentemer vu ronn 50 Ha an der Groussbusser Gemeng. Mat sengem Schwoer Henri Hammerell, dee niewent senger Fra hirer Deel och nach en 8 Ha Land vu sengem verstuerwene Schwoer Charel iwwerholl hat, an domatten Proprietär vun en 20 Ha Land gi war, waren si zwéin Enn des 19. Joerhonnerts nach déi lescht Grondbesëtzer vun der Famillje Weis an der Bousser Gemeng. Mä och dës Situatioun war net méi fir laang. Geschwënn nodeems den H. Hammerel säi Besëtzer op 20 Ha vergréissert hat, huet hien nämlech mat dem Verkaf vun dësem ugefaangen, esou datt bis Enn 1901 praktesch näischt méi dovunner do war. Dem François Weis säi Grondbesëtzer duergéngt blouf bis 1917 nobäi onverännert. Am Hierscht 1917 koum et dunn awer och zum Verkaf vum gréissten Deel, dorënner och dem Prommenhaff. Keefer heivunner war de Michel Lies vu Groussbus, deen den Haff awer schonns ee Mount méi spéit nees weider verkaaft huet, an dat un Leonie Kuhlen-Hemes vu Schlehbüsch (D). Am Joer 1921 huet dëser hier Duechter, d'Ida, bestuet mat dem François-Hubert Cüpper, hire ganze Groussbusser Grondbesëtzer iwwerholl. Dach hat dës sech verkalkuléiert, wéi et sech an Däitschland fir ee Geschäftsmann verbiergt hat, an dësen e puer Joer méi spéit eragaangen ass. D'Ida gouf doropshi gezwongen, nobäi hire ganze Besëtzer zu Groussbus ze verkaafen. Abegraff war hei och de Prommenhaff, deen am Joer 1933 op enger Stee an d'Hänn vum deemolege Piechter, dem Bernard-Alexander Pletschette-Rongvaux, iwwergoung.

Nom Verkaf vum gréissten Deel vun sengem Besëtzer waren dem François Weis nëmme méi en 11 Ha Lännereie verbliwwen. Dës Gidder si no sengem Doud (1928) un seng zwee Kanner gefall, déi se nach bis an déi 60ger Joren bäibehalen hunn.

De Verkaafsakt vum heitege Mäerzeger Gemengenhaus am Joer 1881

(dësen Artikel gouf eigentlech fir de „Groussbusser Buet“ geschriwwen. Well déi doranner beschriwwe Geschicht och d'Uertschaft Mäerzeg betrëfft, an esou muncher Mäerzeger Bierger diirft interesséieren, gouf hien och der Gemeng Mäerzeg fir eng Publikatioun zur Verfügung gestallt)

Le treize avril mil-huit-cent-quatre-vingt-un a été présenté au bureau l'acte de mutation dont la teneur suit: no 43.

Vor uns Friedrich Hess, Notar im Amtswohnsitz zu Diekirch im Großherzogthum Luxemburg, und in Gegenwart der unten benannten Zeugen, ist erschienen der Herr Nicolas Speyer, Müller, wohnhaft zu Obermertzig, welcher comparent erklärt hiermit zu verkaufen und zu übertragen, frei von allen Schulden und Hypotheken, jedoch mit allen activen und passiven Dienstbarkeiten, wenn deren vorhanden wären, dem hier gegenwärtigen und dies annehmenden Herrn Heinrich-François Weis, Gerber, wohnhaft zu Niedermertzig: eine Mahlmühle, genannt „Speiesch-Mühle“, gelegen zu Obermertzig, begreifend die genannte Mühle mit Garten und Mühlenteich, Canal, eine Parzelle, eine Wiese und Dependenzien mit Wohnhaus, das Ganze begrenzt durch die Landstraße, Jean-Baptiste Conzemius, die Erben Rausch und den Tourelbach, von einem Flächeninhalt von ca acht und achtzig ares achtzig centiares. Dieser Verkauf fand statt unter folgenden Bedingungen:

- 1) unter den nämlichen Bedingungen Clauseln und Rechter, wie Verkäufer selbe angesteigert hatte von den Erben Speyer, zufolge Versteigerungs-Protokoll, aufgenommen durch uns Notar am neunzehnten April achtzehn hundert fünf und siebenzig, gehörig einregistriert;
- 2) für den Preis von 7000 Franken, welcher Preis der Ankäufer sich verbindet und verpflichtet zu bezahlen, in drei gleichen Terminen, wovon der erste erfüllt am elften November laufenden Jahres und die zwei andern am gleichen Tage der zwei darauf folgenden Jahre, Alles mit Zinsen zu fünf Prozent von heute an, unter die Hände, in der Amtsstube und auf die Quittungen von uns Notar als hierzu alleiniger mit der Einnahme bestellter Empfänger, allwo das Domizil zur Vollziehung von Gegenwärtigem gewählt ist. Worüber Ackt. Vorgelesen den Partheien und Zeugen in wechselseitiger Gegenwart alle uns Notar nach Namen, Stand und Wohnort wohl bekannt. Aufgenommen zu Niedermertzig, in der Wirthschaft des Herrn Hartmann, am dritten März achtzehn hundert ein und achtzig in Gegenwart von den Herrn Pierre Elsen-Malget, Eigenthümer und Bürgermeister zu Obermertzig und Jean Cloos, öffentlicher Ausrufer, wohnhaft zu Diekirch. Als gegenwärtige Zeugen, welche, nach Verlesung wie oben, mit den Partheien und uns Notar unterschrieben haben, gezeichnet

Nic Speyer H.F. Weis, Pierre Elsen & Cloos Jean und Hess



Photo: Sergio Bandejas

Besuch vum Kleeschen a vum Houseker mat SUPERBAGS®

De Kleeschen an den Houseker waren den 2. Dezember 2019 an all de Cyclë vun der Mäerzeger Schoul op Besuch an hunn de Kanner eng gutt gefüllten Tiitche matbruecht, dëst Joer an engem CO₂-neutralen umweltfrëndlechen Valorlux-Superbag®, Fairtrade-Schneekereien an dem exklusiven Fairtrade-Schokolakleeschen vum Mäerzeger Bäckerbetrib Jos & Jean-Marie, den eenzege Fairtrade-zertifizéierte Bäcker zu Lëtzebuerg. Mat an der Tiitchen war och dat neit Pixi-Bichelche „Liddereg wéi Mëscht“ op lëtzebuergesch a franséich vum Mireille Weiten-de Waha a Marco Weiten ronderëm de Sujet Transfair a fairen Handel a wat eng Fortsetzung ass vun „Schokola aus Afrika“ vum leschte Joer. De Besuch an der Schoul zu Mäerzeg huet dem Kleeschen an dem Houseker esou gutt gefall, dass si versprach hunn, d'nächst Joer erëm ze kommen!









Fotoausstellung Sergio Bandejas

Säit dem 23. Januar 2020 weist den Sergio Bandejas vu Mäerzeg an de provisoreschen Strukturen vun der Gemeng 15 Naturfotoen vun Déieren aus der Regioun. En Deel vun de Biller sinn souguer zu Mäerzeg selwer entstane.


No enger Rees a Kanada 2008 huet de Sergio d'Faszinatioun entdeckt fir Déieren an hirem natierlechen Ëmfeld ze beobachten a fotograféieren. 2010 no der Gebuert vum éischte Bouf, gouf et dunn eng gutt Excuse fir an bessert Fotosmaterial ze investéieren, an säitdeem verbréngt hien vill Stonnen an Tarnzelter laanscht Baachen, ënnert Tarndecken um Fouss vun décken Beem, oder hannert Hecken laanscht Felder fir di magesch Momenter ze erliewen wou d'Déieren ongestéiert ganz no un d'Objektiv erun kommen.

Fir méi iwwert d'Passioun vum Sergio Bandejas gewuer ze ginn, besicht d'Websäit www.sergiobandejas.com oder suivéiert säin Instagram Account #sergiobanature.



Opruff!

Wann Dir och Är Fotoën
oder Tableauen an der
Gemeng wëllt ausstellen,
mellt lech w.e.g. am
Sekretariat oder schéckt
Är Propose op
commune@mertzig.lu.



30 Joer ländlech Entwécklung zu Lëtzebuerg

**30 Joer ländlech Entwécklung: Flott Gebuerts-
dagsfeier am Cube 521 zu Maarnech de 16.
Oktober 2019 mat prominente Gäscht,
witzegen Anekdoten an intressante Fakten.**


An 30 Joer waren dat iwver 1.000 Projeten déi realiséiert goufen fir d'Liewensqualitéit am ländleche Raum ze verbessern, dorënner de „Mäerzeger Themewee“ an aktuell de Projet „Mertzig4all“ wou d'Gemeng déi 1. Gemeinwohl-Ökonomiegemeng zu Lëtzebuerg wëllt ginn. An dem Kontext huet de Minister Romain Schneider ënnerstrach, datt och an Zukunft den «Développement rural» net u Wichtigkeet wäert verléieren, mä datt en kontinuéierlech un déi heiteg Begebenheeten an un d'Erausforderungen um Terrain muss ugepasst ginn. An dobäi wäert sécherlech och den nohaltege Gedanken am Ëmgang mat de Ressourcen weiderhin eng wichteg Roll spillen.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Info

www.leader.lu



Mir ware liichten!

„Mir hunn e ganz schéine Lampion gemaach.
Hutt dir eppes Séisses? Haut ass Liichtmëssdag!
Liicht bréngt mir, maacht op är Dier.
Mir soen Merci duerfir!“

D'Traditioun vum Liichten huet eng laang Geschicht: scho viru Joerhonnerte sinn d'Kanner den 2. Februar owes mat Wuessluuchten oder mat Lampionen vun Haus zu Haus gaangen, hunn de Leit en traditionellt Lidd gesongen a kruten als Merci Liewensmëttel. Haut kréien si meeschtens Séissegkeeten oder Sue geschenkt.

Déi Mäerzeger Kanner waren och ënnerwee a si mat hire flotte Lampionen a klenge Gruppe vun Haus zu Haus liichte gaangen. Nieft dem wäit verbreete „Léiwer Herrgottsblieschen“ sinn och nach aner Lieder gesonge ginn.





Mam Klapprad den Col de Stelvio erop fir d'Fondatioun Kriibskank Kanner

De Luc Mergen vu Mäerzeg hat sech 2018 well den Challenge gesat fir mam Klapprad de Mont Ventoux eropzefueren.

Dat war awer nach net genug an dofir ass hien am Summer 2019 och nach de Col de Stelvio mam Klapprad eropgefuer. Déi gréissten Erausforderung wor et, sech selwer ze iwwerwannen an iwwer Grenzen ewechzegoen. De Luc huet säin Exploit fir e gudden Zweck gemaach an ee Scheck vun 3.035 € un d'Fondatioun Kriibskank Kanner iwwerreecht. Ënnerstëtzt ginn d'Kanner aus der Fondatioun déi een Voyage thérapeutique a Laponie maachen, wou si och mussen iwwert hir Grenzen eraus wuessen.

D'Gemeng Mäerzeg felicitéiert dem Luc fir dës grouss Leeschtung a schéine Geste a seet him och Merci fir d'Ënnerstëtzung vun de Vélo-Evenementer déi 2018 (VINTAGE BOYS CHALLENGE) an 2019 (BIKE4ALL) organiséiert gi sinn. An der Hoffnung dass de BIKE4ALL den 20. September 2020 ka stattfannen. Do ass de Luc och dobäi mat enger géckeger Iddi!



Caecilienfeier a Bärbelendag

Den 30. November 2019 ass d'Caecilienfeier zesumme mam Bärbelendag zu Mäerzeg an der Porkierch zelebréiert ginn. Nieft dem Gottesdénsgschtt vum Paschtouer Romain Richer ass déi ganz schéi Mass encadréiert gi vum Mäerzeger Gesank ënnert der Leedung vum Pol Pletschette, an der Mäerzeger Musek ënnert der Leedung vum Laurence Steichen.

Seniorefeier

De Schäffen- a Gemengerot, mat der Ënnerstëtzung vun der „Seniorekommissioun“ vun der Gemeng Mäerzeg, hate fir de 5. Dezember 2019 häerzlech op d'traditionell Seniorefeier an de Centre Turelbaach invitéiert. Vill Senioren hate sech ugemellt an hunn am schéin dekoréierte Sall vun der kommunaler Regie ee flotten Nomëtteg verbruecht bei engem gudde Maufel. De Kleeschen an den Housécker si souguer bis laanscht komm! Nei dëst Joer war dass déi ronn Gebuertsdeeg gefeiert gi sinn. Spontan goufen nieft de ronne Gebuertsdeeg och déi eelste Matbierger déi op der Feier waren geéiert. All eis Felicitatione nach eng Kéier un d'Jubilaren.







„Season in the Sun“ ein voller Erfolg

Lyra aus Ettelbruck gastierte zum achtzehnten Mal in Mertzig

Auf Einladung des lokalen Gesangvereines betrat der im Jahre 1911 gegründete Männerchor Lyra aus Ettelbrück neulich zwei Mal in Folge die Bühne im dicht besetzten Kulturzentrum „Turelbaach“. Im Anschluss an die Willkommensgrüße von Jeannot Wantz, Vorsitzender der „Chorale Ste Cécile Mertzig“, präsentierten die 36 Sänger der Lyra unter dem Motto „Seasons in the Sun“, den über 600 Zuhörern, unter der Leitung von Marion Michels ein buntgemischtes Gesangsprogramm mit insgesamt 22 bekannten internationalen Melodien und Schlager aus der Zeit von 1931 bis 1977. So mancher Ohrenschaus wie „Yellow Submarine“, „Buena sera“, „Puppet on the string“, „Mille Colombes“, „Du schwarzer Zigeuner“, „Komm und bedien Dich bei mir“, „Non ho letà“ bis hin zu „The sound of silence“, gefolgt von drei vom Publikum geforderten Zugaben, die teils zum Mitsingen bewegten, wurden jedes Mal mit großem Applaus honoriert. Das Gleiche galt auch für den Auftritt der Solisten John Dusseldorf, Jean Gehlen, Henri Beissel, Alain Mauer und Jeannot Mohren. Begleitet wurden die Sänger von Claude Huss (Klavier), Luc Hoffmann (Jazzgitarre & Mandoline), Pit Ewen (Bass) und Max Duchscher (Perkussion). Zum Abschluss bedankte sich Aloyse Kuffer im Namen des Gastgebers für die exzellente Darbietungen, die jedes Mal Lob und Anerkennung verdienten, unterstrich die langjährige Freundschaft mit dem Männerchor Lyra, die bereits zum achtzehnten Mal in Mertzig auftraten, ehe Lyra- Präsident André Nicolay für die freundliche Einladung sein aufrichtiger Dank aussprach.





Mäerzeger Musek Concert „Winterlights“

Fir de 14. Dezember 2019 hat d'Mäerzeger Musek an hire Jugendorchester ënnert der Leedung vum Laurence STEICHEN op ee flotte Wanterconcert an de Centre Turelbaach invitéiert mat der Solistin Cynthia GAUTIER beim Stéck „Canzonetta fir Clarinet and Wind Ensemble“. De Jugendensemble huet „Counting Stars“ an „The Power of the Drums“ gespillt.

Photos: Fränk Henkes





Generalversammlung Mäerzeger Musek

29. Februar 2020

De Präsident vun der Musek, Norbert Freymann, huet eis dëse Rapport rageschéckt:

Im Beisein vum UGDA-Delegierten Robert MAMER eröffnete Präsident Norbert FREYMANN die Generalversammlung um Rückblick auf das vergangene Jahr 2019 zu halten.

Begrüssen konnte er neben den gekommenen Musikanten, Schöffe Stefano D'AGOSTINO und Rätin Myriam HANSEN vertretend unseren Gemeinderat sowie einige Eltern mit ihren Kindern aus dem Jugendensembel.

Der Präsident dankte allen Vereinsmitgliedern, wie auch den Jungmusikanten, der Dirigenten Laurence STEICHEN, den Musikschülern für ihren geleisteten Einsatz im vergangenen Jahr, besonders aber auch den Vorstandsmitgliedern für die Organisation der verschiedenen Feste und Konzerte. Dank an die Gemeindeverwaltung für die logistische und vor allem die finanzielle Unterstützung sowie das Festhalten am UGda-Musikunterricht und der Finanzierung des Jugendensembels.

Sekretärin Monique GILSON-BASTENDORFF trug den Tätigkeitsbericht vor und erläuterte nochmals die Ausgänge 2019. Hauptauftritte waren das Galakonzert „Good Friends“ am 27. April, das Abendkonzert am 27. Juni auf der Place d'Armes, das Winterkonzert am 14. Dezember mit als Solistin Cynthia GAUTIER auf ihrer Klarinette. Weitere Ausgänge waren de Meekranz,

Nationalfeiertag, Hämmlsmarsch, Journée commémorative, musikalische Beteiligung bei der Cäciliamesse, Konzerte beim Eselsfest in Diekirch, in Grosbous, in Bövingen/Attert, Abschlusskonzert im Kaulepad, dem ein Gewitter den gar aus machte, Hochzeit Laurence & Ernie bei strahlender Sonne. Am 09. November war der Kéissowend verbunden mit einem Konzert der Feeleiner Musek. Der 2-tätige Ausflug nach Eindhoven wird in Erinnerung bleiben. Weiter war man bei der UGda-Regionalversammlung und beim Kongress vertreten.

Für 2020 sind neben den normalen Ausgängen das Galakonzert am 25. April mit als Solist Félix FRAUENBERG auf dem Saxophone-Barython, am 11. Juli Stäremarsch als eine von 22 Musiken bei 125 Joer Useldenger Musek in Useldingen, das Winterkonzert am 12. Dezember, vom 06. bis 08. November Ausflug mit Konzert in Maulbronn als Gegenbesuch.

Höhepunkt der Jugendmusik wird dieses Jahr das 10-jährige Jubiläum des Jugendensembels am Sonntag, dem 10. Mai sein. Hier werden einige Jugendmusiken zu Gast sein und auch die früheren Jungmusikannten sollen sich hier wiederfinden.

Jeannot WANTZ konnte dieses Jahr einen positiven Finanzbericht vorlegen, nachdem eine Forderung von 2018 positiv verbucht werden konnte. Als Sprecher der Kassenrevisoren ergriff Marc CALMES das Wort, beglaubigte die Kassenführung und bot die Vereinsmitglieder dem Kassenwart Entlastung zu erteilen

und somit auch dem Vorstand. Marc CALMES und Guy STROTZ bleiben weiterhin die Kassenrevisoren.

Neu in den Vorstand wurde Carinne PIETTE aufgenommen. Weiterhin besteht der Vorstand aus Präsident Norbert FREYMANN, Vizepräsidentin Lyette DUHR-ZEIMES, Sekretärin Monique GILSON-BASTENDORFF, Kassenwart Jeannot WANTZ, den Mitgliedern Dalilah DIAS, Lisa GILSON, Malou GREISCHER, Claude STAUDT und nunmehr Carinne PIETTE.

Dirigentin Laurence STEICHEN bedankte sich bei Allen und regte weiter an dem Verein Treue zu gebieten mit regem Probenbesuch. Dann überreichten Robert MAMER und Stefano D'AGOSTINO für 5-jährige UGDA-Mitgliedschaft Insignen an Dean KRIPELER und Milo MEYER.

Schöffe Stefano D'AGOSTINO bedankte sich für die vielen Auftritte in und ausserhalb der Gemeinde, die sehr gute Arbeit im Vorstand, ohne die, die diversen Auftritte nicht möglich wären und versprach auch weiterhin unserem Musikverein finanzielle und logistische Unterstützung zu.

In der freien Aussprache gab es keine Kritik und so konnte der Präsident die diesjährige Generalversammlung bei guter Atmosphäre schliessen.


Liesowend 2020

Am Kader vum Schoulentwécklungsplang huet d'Mäerzeger Schoul zesumme mat den Elterevertrieder an der Maison Relais Freides, de 7. Februar 2020 ee Liesowend organiséiert. Dëse stoung ënnert dem Thema Grujelgeschichten.

Vu 16h15 bis 19h00 konnten d'Kanner mat hiren Elteren u verschiddenen Liesungen an Atelieren deelhuefen. Donieft war eng Bicherausstellung vum Cristina's Bicherbutikk vu Wolz, ee Bichermaart mat Second-Hand-Bicher wou den Erléis un d'Ile aux clowns gespent gëtt.

Fir de kulinarische Volet hunn d'Elterevertrieder an Zesummenaarbecht mat Lët'z Taste gesuergt an eis all mat verschiddene Grujel-Menuer verwinnt.

D'Mäerzeger Schoul seet all den Elteren, den Auteuren a jidderengem dee gehollef huet ee grouse MERCI fir dee gelongen Owend.



Noruff un den Albert Schreiner „Foossen Aly“

03.02.1934-26.09.2019



Een Dag no Liichtmëssdag, den 3. Februar koum 1934 den Albert Schreiner als 5. Kand vu 6 op d'Welt. Hie war de Stammhalter, well seng eelst Geschwëster all Meedercher waren. „Foossen Aly“ war réicht 9 Méint al, wéi sei Papp Alphonse, un enger fir haut harmloser Blinddarmentzündung, gestuerwen ass. Vun do un huet dem Aly seng Mamm, d'Siss, missen alleng eens ginn, an dat 6. Kand, dem Aly sein eenzege Brudder war du mol nach net gebuer.

Den Aly hat eng schéi Kandheet an huet gäre gespillt. Seng Famill huet ganz bescheiden op engstem Raum geliewt. Mol war eng Kou am Stall oder zwou. Vun der Kou mam Numm Butz huet hien oft erzielt. Ganz fréi huet hi misse mat der Kou moies op d'Wiss goen, an se owes nees siche goen. Vill Spiichte goufen deemols bei deene Geleeënheete gedriwwen.

An d'Schoul ass den Aly net esou gäre gaangen. Vill léiwer huet hien d'Welt a besonnesch déi zu Mäerzeg entdeckt. Ganz gären huet hien erzielt, wéi fréier d'Schwäi geschluecht goufen a wéi eng Fester da gefeiert goufen. Di Mäerzeger Kiermes, Pressessiounen, Ouschteren, Allerhellegen, Chrëschttag, ware fir hie wichteg Fester.


D'Krichsjoren huet den Aly als Bouf mat gemëschte Gefiller erliwt a villes deemols net verstanen. Déi Joren hunn hien awer gepräagt, well hien huet di lescht Joren ëmmer nees Erlebnisser aus dem Krich erzielt.

Wéi den Aly 15 Joer hat, huet e misse schaffe goen, an hien huet 1949 eng

Léier als Steenheeër beim Gilsons Pir an de Mäerzeger Steekaulen ugefaangen. Di Aarbecht am Steen huet dem Aly gefall, och wann et eng ganz schwéier Aarbecht war. Ganz stolz ass hien op verschidden Aarbechten, déi een haut nach geseit, vill Steng zu Mäerzeg, Kamäiner, di stenge Ballustrade virum Altor an der Cathedral, den Altor zu Wuelessen an der Kierch, de Kräizgang zu Veianen oder d'Monument aux morts, wat zu Feelen bei der Porkierch steet.

Hien hat och Dreem am Liewen a wollt als jonke Borscht op Köln fueren, fir als Steenheeër um Kölner Dom ze schaffen. Oder eemol hat hien och eng gutt Offerte fir eng Epicerie mat Mëllechtour zu Bettenduerf z'iwwerhuelen. Mee seng Mamm huet him di Flaussen ëmmer nees ausgeschwat an esou ass den Aly säi Liewe laang zu Mäerzeg bliwwen.

Vu senger Zäit bei den Zaldoten vu 1953-1955 huet hien och munches erzielt: Vu Walfer, Bitburg an duerno seng Ustellung als Chauffeur bei Grand-Ducs zu Fëschbësch. Mee dat war net dem Aly seng Welt, an hie war frou, fir duer-



no nees richtig a sengem Beruff als Steenheeër mat den Hänn ze schaffen.

1955 huet hien sech mam Hilly Koster vu Rousport bestued, an de Jeannot ass op d'Welt komm. Dat selwescht Joer ass den Aly als Steenheeër bei de „Servais“ op de Lampertsbiërg schaffe gaangen, an dat vun 1955-1963. Do huet hien haaptsächlech mat „Savonnière“ Steng geschafft, ass all Dag vu Mäerzeg mam Bus op Ettelbréck gefuer, da mam Zuch bis op Dummeldeng, an zu Fouss all Dag de Pabeierbiërg erop bis op de Lampertsbiërg an owes nees heem.

1963 ass de Fons gebuer ginn, an den Aly wollt seng kleng Famill besser ofsécheren, an huet sech entscheed fir op „d'Good-Year“ schaffen ze goen. Dat war och keng liicht Aarbecht op 3 Schichten, wou den Aly bei de Presse vun deene grouse Pneue geschafft huet. Do war hie bis 1990 a krut du seng Pensioun. Besonnesch stolz huet den Aly ëmmer erzielt, dass hien op der „Good-Year“ seng gëllen Auer kritt huet.

Mee och an der Zäit, wou den Aly op der „Good-Year“ geschafft huet, ass hie sengem Beruff vum Steenheeër trei bliwwen, an huet niewelaanscht bei Klapps Rënn nach laang Jore Steng geklappt.

Den Aly hat d'Chance fir seng Pensioun 29 Joer laang ze genéissen. Joren, déi hie voll a ganz mat sengen 2 Kanner, 5 Enkelkanner a mat senger Fra dem Hilly erliewt huet. Fir seng Famill huet

den Aly ëmmer alles gemaach. D'Famill goung ëmmer vir. An hien huet gäre schéin a grouss Fester mat engem guden lesse gefeiert.


Wéi séng Fra Hilly 2010 gestuerwen ass, huet hien sech net ënnerkréie gelooss. Hien huet weiderhi säi Gaart gemaach, fir sech doheem gekacht, mat vill Leidenschaft gebak a mat méi oder manner Hëllef säi Stot gemaach.

„Foossen Aly“ war e ganz gesellege Mënsch, an am Duerf an der Zäit ganz engagéiert. Hien huet fréier net nëmmen an der Mäerzeger Musek de Bass gespillt, mee och am Mäerzeger Gesang engagéiert matgesongen.

Hie war een éierlechen, kritesch denkende Mënsch, deen och, wann et huet misse sinn, seng Meenung offe gesot a vertraueden. Hien huet méi wéi eng Kéier sech géint Onrecht an Intoleranz gewiert an opgeleent, an huet d'Entwécklung vun eiser Gesellschaft, souwéi déi politesch Aktualitéit nawell gären a Fro gestallt. Dobäi war hien ni dee Mënsch, dee sech selwer wollt an de Vierdergrond stellen.

D'Aarbechter an hir Rechter ware fir den Aly säi Liewe laang wichteg, an hien huet sech an der LSAP an am OGBL agesat, a fir di kleng Leit gekämpft. Stolz huet hien erzielt, wéi eng „déck“ an „dichteg“ Leit aus der Stad hien an der Zäit begéint huet, an déi de Wee op Mäerzeg fonnt haten....

Nach ëmmer huet den Aly gär mat der





Kaart gespillt, an hien hat esou vill Kaartebridder, datt hien zäitweileg 4-5 x an der Woch net doheem war, fir mat senge Kollege Kaart ze spillen.

Och di lescht Joren huet den Aly seng Kaartenowender seelen ausfaale gelooss, a wann hien eppes di lescht Woche vu sengem Liewe vermësst huet, da war et well hien Donneschdes, Freides a Samsdes owes net méi konnt bei senge Kaartebridder sinn.

Och säi „Stamminee“ um Freideg owend huet hie vermësst, an huet méi wi eemol all seng Leit vum Stamminee opgezielt an u si geduecht.

Op dësem Stamminee huet hien eis méi wéi eemol iwwerrascht mat sengem enorme geschichtleche Wëssen an Informatiounen. Mam Aly verléiert eis Duerfgemeinschaft net nëmmen ee gudde Mënsch a Frënd, mee mir ginn all ee gutt Stéck méi arem, well mir elo kee méi hunn, deen esou vill aus der aler Zäit ze erziele wees, sief dat iwwert d'Leit, déi hei gelieft a geschafft hunn, an iwwer all dat wat sech fréier hei am Duerf esou ofgespillt huet. Säi phenomenaalt Gediechtnes an d'Aart a Weis, wéi hie seng Andekdoten a Geschichten zum Beschte ginn huet, wäerten eis alleguer feelen an a beschter Erënnerung bleiwen.

Ee wichtege RV hat den Aly och mat sengem Kolleg dem Gilsons Fons, mat deem hien di lescht Joren all Freideg mëtteg zesummen an de Restaurant iesse gaangen ass, an den Aly huet bedauert dass de Fons elo alleng muss iesse goen.

Den Aly huet quasi sei ganz Liewen zu Mäerzeg verbruecht. An d'Vakanz ass hie nie gefuer. Fréier mol op een Ausflug oder eng kleng Rees mat der Musek, dem Gesang oder senger Famill, mee Vakanze, wéi mir dat hautdesdaags gewinnt sinn, hunn den Aly net interesséiert.

Hie sot ëmmer: „ech hunn hei zu Mäerzeg alles wat ech brauch“ „d'Natur, mäi Gaart, mäin Haus, eng gutt Noperschaft, d'Leit aus dem Duerf ... an hei ass et schéi roueg“

Dat lescht Joer ass hien nach zum Filmstar ginn. Mam Film „De Mäerzeger Steen“ konnt hien als Zäitzeien Erliedfnesser vu sengem Beruff als Steenheeër erzielen.

Den Aly hat een erfëllte Liewen, mat Héichten an Déiften. Hien huet sech ni ënnerkréie gelooss, an huet och ni geklot. Trotz senger Bescheidenheet hannerléisst hie vill Spueren an Empreinten, déi eis ëmmer an iwwerall un dee Mënsch erënneren, dee mir konnten ee Stéck vu sengem Wee begleeden a vun deem mir all esou vill haten.

Mir sinn traureg, mee bestëmmt och dankbar, fir all dat, wat hien eis gi konnt,

a fir all déi gutt a schéi Momenter, déi mir mat him hu verbréngen dierfen.

Ee vun de leschte Steenheeër vu Mäerzeg, zu Mäerzeg gebuer, dee säi ganz Liewen do verbruecht huet, gouf den 30. September 2019 am Alter vu 85 Joer a sengem Heemechtsduerf begruuen.

A villen Häerzer hannerléisst hien e Steen, mat ville schéinen Erënnerungen.

Claude Staudt & Nadine Schreiner-Bachstein



Neijoerschreptioun vum Club Senior Nordstad

D'Neijoerschreptioun vum Club Senior Nordstad huet de 16. Januar 2020 zu Mäerzeg stattfonnt.

Zesumme mat de 9 Gemengen aus der Nordstadregioun ass Mäerzeg elo schon zënter ville Joren eng houfreg Trägergemeng vum Club deen ëmmer erëm een immens ofwiesslungsräichen a breetgefächerten Aktivitéitsprogramm proposéiert: Ausfluch a Reesen, Bildung a Kultur, Bewegung a Sport, Berodung an Informatioun, Geselligkeet, Kreativitéit, Lifelong-Learning, Gesondheet a Wellness: „Lebensfreude erleben, neue Impulse bekommen, sich wohlfühlen, nicht alleine sein, neues Wissen erlernen, etwas gesundes für den Körper tun, Zeit sinnvoll nutzen und sich mit den Gedanken über die eventuell bevorstehende Rente zu befassen. Der Club Senior Nordstad ist vielseitig und bietet Ihnen facettenreiche Möglichkeiten der Freizeitgestaltung.“



Info

www.vital-an-aktiv.lu
 T +352 26 813 743
 E nordstad@clubsenior.lu

Büroadresse
 ETTTELBRÜCK
 rue de l'école agricole
 (auf dem Parkplatz
 vom Supermarkt)

Öffnungszeiten
 Montags-Freitags
 8:30-12:00 Uhr &
 14:00-17:00 Uhr



Altersheem Réiden

Pandemie weltwäit - Versammlungsverbuuet zu Lëtzebuerg - an domat dann och keng Versammlungen fir eis Member. Dëst iwwert déi ganz Zäit ze vermëttelen - an grad an dem Alter vun Biber an Wëllefcher ass net einfach.



Vun dem Verband an den jeeeweils zoustännegen Équipes kommen jo ëmmer nees nei Ideeën fir d'Kanner, fir dass si doheem trotzdem déi eng oder aner Beschäftigung als „Scout“ hunn. Esou och ass virun Ouschteren d'Idee komm, dass eis Klengst kinnten Eppes molen, bastelen, wat mir dann den Leit bei der BA Akaf kinnten mat an d'Tut leeën.

An der Press ass ëmmer nees Thema, dass – bedéngt duerch d'Pandemie – d'Leit an den Altersheemer sech „eweck gespaart“ fillen, sech alleng fir kommen, vun der Welt ofgetrennt. Heirop hunn mir als Groussbuser Grupp déi Idee vun dem Verband weider gesponnen – an hunn eis geduecht – firwat net dës Biller an Bastlereien huelen, an den Leit aus dem Altersheem schenken? Heirop dann hunn mir als Chef Kontakt mat der Direktioun opgeholl an mir hunn een Dag ofgemaach, wou een Vertrieeder vun der Direktioun eis Geschenker iwwerrecht krut. Vun Groussbus aus huet dësen Paart een vun eisen AvEx iwwerholl, wat hien och tipp-top gemacht huet.

Een groussen Merci op dëser Platz der Direktioun vun dem Altersheem vun Réiden fir hir Bereetschaft, dës Aktivitéit mat ze maachen. Merci eisen Biber, eisen Wëllefcher an AvEx fir déi flott Aarbechten, déi si gemacht hunn.

Een speziellen Merci awer och un RTL Televisioun fir deen flotten Reportage, deen si gemacht hunn.

Hei drënner dann nach en puer Impressiounen, wat eis Biber, Wëllef an AvEx geleescht hunn. Mir wënschen vill Spaass bei kucken.





Flüchtlingen aus dem Irak

Iwwert déi sozial Netzwerker sinn mir Ufangs vun der Pandemie opmierksam ginn op eng Familljen - Flüchtlingen aus dem Irak, déi amgaangen sinn, Masken ze bitzen an domat dem Land wëllen Merci soen, dass si opgeholl ginn sinn.



Nodeems mir Kontakt opgeholl hunn an d'Leit gewuer ginn sinn, firwat mir Masken brauchen (eis BA) war et eigentlech nëmmen eng Saach vun Stonnen bis mir gewuer ginn sinn, dass mir Masken zu der Verfügung géifen gestallt kréien. Op dëser Platz géifen mir nach eng Kéier dësen Leit wëllen Merci soen.

Wéi mir dorophon gefrot goufen, op mir hëllef kinnten, fir eng Wäschmaschinn an een Dréchner fir d'Leit ze fannen, war et fir eis kloer, dass mir hinnen och géifen hëllef. An nees eng Kéier iwwert déi sozial Netzwerker hunn dës Kéier mir dann een Opruff gemaacht – een Opruff, deen eng ganz grouss Resonanz hat.

Den 08.04. war et dunn esouwäit – mir sinn bei een Spender an d'Fiels béid Saachen sichen gefuer an hunn d'Saachen op Woltz bei d'Familljen bruecht.

Als Grupp freeën mir eis, dass mir dësen Leit och konnten hëllef, dass mir si hunn dierfen kennen léieren. Wéi uewen schon gesot hinnen Merci fir d'Masken – awer och fir déi léif Begréissung vun hinnen, wéi mir ukomm sinn. Merci fir d'Erfréschung an den Kuch an hinnen nach all Guddes hei zu Lëtzebuerg.

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Léif alleguerten, mat dësem Schreiwen wëllen mir eis un lech wënnen, fir lech Merci ze soen. Merci fir Äert Vertrauen an eis an enger Zäit, wou et méi ewéi wichteg ass fir zesummen ze halen.

Mir wäerten och weiderhin fir lech do sinn – dëst esou laang, wéi mir gebraucht ginn, dëst esou laang, wéi dës Situatioun unhält.

Een Scout ass ëmmer bereet. Am Geescht vun dem Scoutissem dann och ass eis Hëllef fir lech – eisen Bénévolat un lech. Mir wëllen, froen näischt dofir – an dat bleift och esou! Well mir Scouten sinn. An awer ass deen een oder aneren vun lech, deen den Grupp ënnerstëtzen wëll. Och hefir soen ech lech vun ganzem Häerzen Merci – an et ass mir wichteg, dass Dir Bescheid wësst, wat mat Ären Suen geschitt. No Récksprooch mat dem Grupperot kann ech lech dann heimat matdeelen, dass Är Gelder integral un den ONGD vun den Lëtzebuerger Guiden a Scouten wäerten iwwerwisen ginn.

Et ass dëst eng wichteg Aarbecht, déi hei geleescht gëtt an den Grupp ass eestëmmeg der Iwwerzeegung, dass et keen besseren Wee gëtt, fir engem gudden Zweck no ze kommen. Wëllt Dir weider Informatiounen zu der ONG fannt Dir se ënnert: <https://ongd.lgs.lu/>

Zum Schluss erlaben ech mir dann nach eng Kéier, lech eis Kontaktdaten zoukommen ze loossen, falls gebraucht:

Lëtzebuerger Guiden a Scouten Groussbus

T 691 20 99 62 - E Gruppechef@groussbus.lgs.lu

Am Numm vun all den Chef wënschen ech lech weiderhin alleguerten eng gutt Gesondheet an freeën mech dorop, lech och an den kommenden Wochen kënnen eis Hëllef un ze bidden.

Chers tous, par cet écrit, nous voudrions vous contacter pour vous remercier. Merci pour votre confiance en nous par ces temps, où il est plus que important de se soutenir l'un l'autre.

I va de soi que – aussi dans les temps à venir, nous serons là pour vous. Ceci aussi longtemps que nos aides seront nécessitées, aussi longtemps que la situation le demandera.

Un Scout est toujours prêt. Dans cet esprit de Scout se situe aussi notre aide que nous vous offrons, notre bénévolat envers vous tous. Nous ne voulons rien pour ceci – et cela va rester de la sorte. Parce que nous sommes Scouts. Et quand-même, l'un ou l'autre d'entre vous souhaite soutenir le groupe. Aussi à ce niveau, je voudrais vous remercier de plein cœur. Et il m'est important de vous faire savoir ce que nous ferons avec vos dons. Après consultation avec notre conseil de groupe, je peux donc vous communiquer que les fonds seront intégralement remis à la ONG des Lëtzebuerger Guiden a Scouten.

Il s'agit ici d'un travail important sur place. Et le groupe est à l'unanimité sur qu'il n'y a pas meilleur moyen pour aider effectivement et avec un but humanitaire. Si vous souhaitez avoir des renseignements plus profonds sut l'ONG, vous trouverez des détails sous: <https://ongd.lgs.lu/fr/>

Finalement, permettez-moi de vous faire un petit rappel de nos contacts, si vous en aurez besoin:

Lëtzebuerger Guiden a Scouten Groussbus

T 691 20 99 62 - E Gruppechef@groussbus.lgs.lu

Au nom de toute l'équipe des chefs, je voudrais encore souhaiter à un chacun de vous préserver une bonne santé et nous nous réjouissons de pouvoir vous offrir notre aide aussi à l'avenir.



Jean-Claude Schmit
Gruppechef - *Chef de groupe*

Lëtzebuerger Guiden
a Scouten
St. Maximilien Kolbe
Groussbus

FC Sporting Mäerzeg Grënnung vun enger Dammen-Equipe



Jorelaang waren eenzel Meedercher an de ënneschten Jugendéquipes vum Sporting aktiv. Dono sinn si dann an aner Veräiner ofgewandert.

Op Initiative vum Herman Hoekstra, laangjäreg Jugendtrainer beim Sporting huet de Comité a senger Sëtzung vum 16.05.19 beschloss eng Dammenéquipe an d'Liewen ze ruffen.

Et wor geplangt an der Saison 19-20 nëmmen Traininger a Frëndschaftsmatcher ofzehalen.

No engem Opruff hunn sech dunn awer vill Meedercher gemellt fir matzemaachen.

De Comité huet doropshin a senger Sëtzung vum 18.06.19 decidéiert nach séier e puer néideg Transfers ze maachen an d'Dammenéquipe schons fir déi nei Saison am Championnat vun der FLF anzeschreiwen.

Zum Trainer ass den Herman bestëmmt ginn mat him zur Säit als Responsablen d'Sylvie Da Silva Gomes, selwer Spillerin an Jugendtrainerin am Club.

Den Dammechampionnat huet fir eis Equipe den 11.09.19 an der 3. Ligue ugefaangen.

Dammen hunn déi éischt 3 Punkten vum FC Red Star Merl-Belair mat heem bruecht (7: 1). Nom Ofbroch vun der Saison wéinst der Corona-Pandemie huet de Sporting Mäerzeg mat 25 Punkten d'Championnat op der 6. Plaz ofgeschloss. Dëst ass eng formidabel Positioun fir eng Equipe déi esou eréischt zesumme gestallt gouf a weist déi gutt Aarbecht, déi vum Sylvie an dem Herman



geleescht gëtt. En heemlecht Ziel ass et geschwënn an d'Ligue 2 opzesteigen, sech do e puer Joer ze festegen an dann dreemen duerf erlaabt sinn.

Fir Nowuess ass och schons gesuergt. De Veräin huet eng Equipe Cadettes ugemellt (Joergäng 2001-2005) déi ënnert dem Trainer Fränk Back trainéieren.

Et ass flott ze gesinn, wéi eis Dammenéquiper eng nei Dynamik am Veräin lassgetréppelt hunn. Si ginn vum ganze Veräin ënnerstëtzt an stellen esou eng grouss Beräicherung fir de ganze Club duer.

TABELLE					
1.		Ent. Uelzechtla...	15	36	39
2.		Kærjeng (Neu)	15	44	35
3.		Titus	14	35	34
4.		Ent. Hosingen/N...	14	35	33
5.		Rümelingen	15	4	27
6.		Mertzig (Neu)	15	18	25
7.		Diekirch II	15	16	25
8.		Wiltz	15	5	24
9.		Bissen (Ab)	14	-12	18
10.		Fola II	14	-25	17
11.		SG USBC01 (Neu)	15	-41	12
12.		Eil III	14	-19	10
13.		Merl	14	-51	7
14.		Junglinster II (Ab)	15	-45	0

Info

Bei Interessi fir matzemaachen, kann een sech gären bei den folgenden Leit mellen:

Herman Hoekstra

hoekstra@pt.lu

Sylvie Da Silva Gomes

gomes_sylvie@pt.lu

Fränk Back

fback@pt.lu

Sicona - Naturschutzsyndikat

Wisen-Fleeg emol anescht

Am Bongert um Butzebierg zu Mäerzeg huet de SICONA virun zwee Joer eng Wiss renaturéiert. Fir déi nei Aartevillfalt op der Gemeengefläch ze erhalen, kënnst eng speziell Aart vun der Fleeg zum Asaz: Bis zu 100 Schof ginn zweemol am Joer op d'Wiss hei gelooss. Dat erschénkt op den éischten Ablack intensiv ze sinn, erweist sech fir d'Wiss awer als gutt verträglech. Firwat genau?




D' Beweedungsperioden si relativ kuerz – an der Reegel tëscht zwee a véier Deeg – a generéieren doduerch ee méihähnlechen Effekt. Dat ass besonnesch gutt fir Wise mat enger aarteräicher Vegetatioun. Déi Aart vu Wisefleeg léisst de Planzen tëscht de Beweedungsgäng nämlech genuch Zäit fir ze wuessen, ze bléien, a Som ze bilden. Op déi Aart a Weis bleift d'Wiss op laang Zäit och ee gudder Fudderliwwerant fir Wëllbeien, Päiperleken, an aner Insekten.

Den 12. September 2019 ass dëse Projet zu Mäerzeg virgestallt ginn. Dobäi gouf och d'Wichtigkeet vun der Fërderung vum Beruff vum Wanderschëifer betount; den Erhalt vun der Wanderschëiferei geet Hand an Hand mam Erhalt vu Biodiversitéit. Dofir ass et wichteg, datt et Gemengen ewéi Mäerzeg ginn, déi esou Projeten ëmsetzen an domadder zum Fortbestand vu béidem bäidroen.



Renaturéierungssträif



Renaturéierungszil

Info

 [sicona](https://www.facebook.com/sicona)
www.sicona.lu



Mat dobäi op der Pressevirstellung waren: de SICONA-President Gérard Anzia, de Buergermeeschter vu Mäerzeg Mike Poiré, de Schäfte vu Mäerzeg Stefano D'Agostino, esouwéi de Florian Weber vun der Schéiferei Weber, d'Claire Wolff an den Tim Hoffmann vu SICONA.

Hëllef fir den Amazonas

No de verheerende Bëschbränn leschte Summer am Amazonas huet de Gemengerot a senger „Rentrée-Sitzung“ vum 9. September 2019 decidéiert de Programm „Reconnect the Atlantic Forest with 20.000 Trees“ vun der GlobalGiving a WeForest Fondatioun ze ënnerstëtzen mat 252 € wat et erlaabt 100 nei Beem unzeplanzen.

Zur Erënnerung: D'Reebëscher am Amazonas gëllen als gréng Long vun eiser Äerd. Si späicheren CO₂ a produzéiere Sauerstoff, immens vill Déiere sinn do doheem an si beaflossen och d'Wieder.



Reconnect the Atlantic Forest with 20.000 Trees

Summary

The Brazilian Atlantic is one of the most biodiverse spots in the world yet deforestation has led to many small and isolated fragments and the loss of many native species. WeForest is reversing deforestation and biodiversity loss: trees are planted and grown in a way that forest corridors are created, which allow species to find new habitat and populations. Besides, the Atlantic Forest's high carbon sequestration rates make them a key player in the fight against global warming.

Challenge

Brazil is also home to a biodiversity hotspot which is far more depleted than the Amazon Rainforest: the Atlantic Forest. This forest once stretched over 130 million hectares along Brazil's southeastern coast. Intense deforestation began 500 years ago and since then 93% of the forest has disappeared; only 7% of the forest remains. Forest fragmentation leads to slow degradation of soils, landscapes and biodiversity loss.

Solution

To combat the progressive loss of biodiversity, we are restoring corridors of forest between the remaining forest fragments. Local species, many of which are endangered, will be able to move between previously isolated patches. This will allow them to diversify their gene pools, which is important for the survival of endangered species, such as the native black lion tamarin. We empower the local communities to collect seeds and grow native trees as well as provide training in plant propagation.

Long-Term Impact

The impact of growing 1 million trees for this project: 500 ha put into restoration 158,500 tons of CO₂ sequestered over a 30 year period, 240 employed full time in project implementation for 50 months, 400 people trained in plant propagation, 2,000 ha of land benefiting from improved water quality, \$2,500 income per year generated by each family-run tree nursery, 10 functional community plant nurseries generated, 115 indigenous tree species grown, 200 species'habitat range increased.



Thank you from GlobalGiving and WeForest

Dear Commune de Mertzig (Luxembourg),

You have donated 252 € for trees to be planted in Brazil. This is wonderful.

Your contribution makes a real difference in helping with the restoration of ecological corridors in Pontal do Paranapanema.

We have 3 objectives there:

- Make it easy for threatened wildlife (tapir, anteaters, ocelot and many other species) to circulate and reproduce: connecting remaining patches of forests together enables that.
- Create income for local people in this remote part of the state of Sao Paulo
- Withdraw carbon from the atmosphere, mitigating climate change.

Thank you for making this possible and Making Earth Cooler with us!

With gratitude,

Louise Tideman





Update zum Projekt #mertzig4all

Das Projekt Mertzig4all ist in vollem Gange. Nach einem Einführungsworkshop im November haben sich die thematischen Teams der Bürgerbeteiligung gefunden.





Das Team zu den Themen des gesellschaftlichen Umfelds beschäftigt sich unter anderem mit der Raumplanung, der Gesundheit in der Region, den Gemeingütern und der Transparenz der Gemeinde. Das Team zu den Bürger-Themen beschäftigt sich mit der Qualität und der sozialen Gestaltung der Gemeinde-Dienstleistungen, mit der Vielfalt in der Gemeinde und mit der politischen Partizipation. Das Team zur ökologischen Nachhaltigkeit diskutiert die Bewusstseinsbildung und die Reduktion der ökologischen Auswirkungen in der Gemeinde.

Die ersten Treffen fanden im Januar und Februar im neuen Gemeindehaus statt. Die Teams werden in weiterer Folge bewerten, in welchem Ausmaß die Gemeinde bei den einzelnen Themen zum Gemeinwohl beiträgt.

Wir wollen hier die Gelegenheit in dieser Martiaco-Ausgabe nutzen, um die Gemeinwohl-Ökonomie nochmal zu beschreiben, nachdem ihre Vorstellung durch ihren Begründer Christian Felber (im Juni 2019) schon eine Weile her ist. Dazu haben wir unseren Gemeinwohl-Berater, Gregor Waltersdorfer, um ein paar Zeilen gebeten.

Die Gemeinwohl-Ökonomie ist ein Kind der Krise 2008. Als Reaktion auf das wirtschaftliche Beben und die damit verbundenen sozialen Folgen, schrieb der Publizist und Aktivist Christian Felber das Buch „Neue Werte für die Wirtschaft“. Darin plädiert er für eine Wirtschaft, die auf Kooperation und Gemeinwohl statt Konkurrenz und Eigennutzstreben basiert. Laut neurobiologischen Forschungsergebnissen motiviert Kooperation durch Wertschätzung, Anerkennung und gemeinsamer Zielerreichung stärker als Konkurrenz durch Angst, Druck, und Stress. Die Werte, die unsere zwischenmenschlichen Beziehungen gelingen lassen, sind die Basis für das Gemeinwohl. Diese Werte sind: Menschenwürde, Solidarität, soziale Gerechtigkeit, ökologische Nachhaltigkeit, Transparenz und Mitbestimmung. Sie sollen, so die Vision von Christian Felber, stärker in der Wirtschaft gefördert werden.





An dieser Vision inspirierte sich eine Gruppe von Unternehmen. Sie entwickelten daraufhin ein Tool, die Gemeinwohl-Matrix, um zu bewerten inwieweit sie die Gemeinwohl-Werte gegenüber den Anspruchsgruppen ihrer Unternehmen leben. Aus der Gruppe von Unternehmen entwickelte sich eine internationale Bewegung, die Gemeinwohl-Ökonomie (GWÖ). 10 Jahre nach der Gründung beteiligen sich 4.000 Personen aktiv in über 150 Regionalgruppen weltweit.

Schnell wurde die Tragweite der Gemeinwohl-Matrix klar. Sie definiert den unternehmerischen Erfolg neu: statt der Erhöhung der finanziellen Mittel (Gewinn), rückt sie die Erhöhung des Beitrags zum Gemeinwohl in den Vordergrund. Das Ziel des Wirtschaftens, das gute Leben für alle, kann damit direkt, statt indirekt über die finanziellen Mittel, überprüft werden. In dieser

neuen Wirtschaftsordnung sollen Unternehmen mit hohem Beitrag zum Gemeinwohl rechtliche Vorteile, wie zum Beispiel Steuervergünstigungen, Vorrang im öffentlichen Einkauf und niedrigere Zölle. Durch diese Anreizstrukturen wird der gegenwärtige Kostennachteil ethischer Unternehmen in einen Vorteil umgekehrt. Unternehmen, die wenig zum Gemeinwohl beitragen, müssen ihre negativen Auswirkungen durch höhere Abgaben kompensieren.

Auch für Gebietskörperschaften, wie z.B. Gemeinden, ist die Gemeinwohl-Ökonomie interessant. Sie sind per se dem Gemeinwohl verpflichtet. Neben der Bewertung des Gemeinwohl-Beitrags, dient die Gemeinwohl-Matrix auch der Kommunikation und der Verwaltung. Durch die Matrix wird nachvollziehbar in welchen Bereichen welche Maßnahmen ergriffen

wurden, und wo noch Handlungsbedarf besteht. Gebietskörperschaften haben durch ihre hoheitlichen Aufgaben die Möglichkeiten das Gemeinwohl gezielt zu fördern. Sie können ihre Förderungen und ihren Einkauf nach Gemeinwohl-kriterien ausrichten, kommunale Wirtschaftskonvente abhalten und einen lokalen Gemeinwohl-Index entwickeln.

Die Gemeinwohl-Ökonomie findet parteienübergreifend, kulturen-übergreifend, in vielen Medien (z.B. Der Spiegel, The Guardian) und Gesellschaftsschichten Anklang. Jakob von Uexküll, Stifter des alternativen Nobelpreises, resümiert die Gemeinwohl-Ökonomie treffend: „Christian Felber shows the path to an economy where money and markets are at the service of humans, not the other way round.“



Crèche Mäerzeg „Bei den Turelcher“

Sou wéi mir dat am leschte Gemengebuet ugekënnegt haten, wëlle mir lech an dëser Editioun eis nei gestalte Raim presentéieren verbonnen mat der Konzeptëmsetzung.



Wéi an enger anerer Editioun vum Gemengebuet scho beschriwwen besteet eist Haus aus 2 Grupperaim, ee fir d'Altersgrupp vun 3 Méint-2 Joer an ee fir d'Altersgrupp vun 2-4 Joer. Dozou gehéiert ee Buedzëmmer wat vu béide Gruppen benotzt gëtt an dann huet nach all Grupp 1 respektiv 2 Schlofberäicher zur Verfügung.

D'Raimlechkeete si genausou wichteg wéi d'Material wat sech dra befënnt. D'Raim solle Gebuergenheet bidden mee awer och Erausforderungen zouloossen. Déi verschidde Materialie solle fräi zougänglech a senge verschidde Ecker uspreechend presentéiert sinn. Dëst mam Zil de Kanner hir Fantasie an d'Kreativitéit unzereegen.



De Gruppenraum vun deene Klengen

Well d'Altersspacht vun 3 Méint - 2 Joer relativ grouss ass, gouf sech hei vill Gedanken doriwwer gemaach wéi een dee ganze Raum am idealsten kéint andeelen fir all Alter beschtméiglech kënne gerecht ze ginn. Hei denken mer un „d'Liegekinder“, déi fir de Moment nach just leien awer och fir déi déi scho sëtze kënnen, mee sech nach net fortbeweegen.

Soumat gouf scho mol mat deene Klengsten ugefaangen, si kruten een eenzelen ofgetrennte Beräich gemaach. Dëse Beräich soll si vun deene méi Groussen schützen an hinnen och d'Méiglechkeet ginn fir sech a Rou an no hirem Rhythmus ze entfalen. Ab deem Moment wou si sech gutt eleng kënne fortbeweegen, kommen si amfong aus dësem ofgetrennte Beräich eraus.



Den ofgetrennten lessberäich war eis och immens wichteg, well nëmmen sou kann een sech als Personal voll a ganz op déi Kanner konzentréieren déi grad um iesse sinn an deene voll a ganz seng Opmierksamkeet schenken an deemjéinege Kand gerecht ginn. Dëse Beräich gouf och relativ grouss geplangt fir dass alles wat néideg ass fir d'lessen, vum preparéieren bis um Schouss fiddereen, Plaz fënnt.

De Rescht vum Raum ass sou agedeelt, dass et ëmmer kleng Funktiounsecker ginn, sou dass d'Kanner sech sou vill wéi méiglech kënne verdeelen an eventuell och, falls si dat wëllen, een méi rouegen Eck fir sech fanne kënnen. Dës Ecker sinn sou gestallt, dass ee fir all Interessi eppes fënnt an d'Kanner beschtméiglech an d'Spill fannen an do verbleiwe kënnen:



- Bewegungsbaustell: hei fannen déi méi grouss meeschtens hire Spaass, well déi scho méi un der Bewegung interesséiert sinn. Awer och interessant fir déi Kanner déi grad hir éischt Schrëtt gemaach hunn, dann testen si hei ganz gär wat si nei geléiert hunn a sichen eng kleng Erausforderung, z.b. iwwert eng Schrëcht erop an erof goen. Falls dat dann nach net sollt klappen, krabbelen si d'Hürd da virun.
- Fir de Raum kënnen anzedeelen, benotze mir niddreg Regaler oder och Labyrinth. Dës sinn a villen Hisiichten ze benotzen, als Krabbelparcours, fir erop ze klammen, sech dobäi ze stellen an dann d'Gläichgewicht ze üben oder einfach als Ablag fir d'Spillmaterial.
- Ugebuede ginn op méi Plazen am Raum eis „Schëdden-Befëllen Statioune“ mat ënnerschiddlechem Material. Dës Plaze bidde sougenannten oppe Materialien (Schosselen, Réier, Dicher, ...) déi vun den Kanner eegestänneg ëmfunktionéiert kënnen ginn.
- Fir d'Gläichgewicht nach méi ze üben hunn mer 3 Këssen a verschidde Héichten do leien, wou si kënnen vun engem op dat anert krabbelen oder goen, sou wéi wann se eng Trap géifen erop oder erof goen.
- Fir méi roueg Momenter kënnen d'Kanner sech an engem klengen Eck op enger Matrass zeréckzéien an sech, falls erwünscht, mat Massagëbäll verwinne loossen.

De Grupp vun 2-4 Joer

Dëse Grupperaum huet grondleeënd geännert fir de Besoine vun den Kanner besser gerecht ze ginn an hinnen ze erméigleche méi licht an d'Spill ze fannen an do ze verbleiwen. D'Iddi an d'Zil war et de Grupp méi konkret a méi kloer an d'Funktionssecken anzedeelen. Dës Ecken sollen dem Kand a sengen Interessien no ugepasst kënnen ginn. D'Kanner sollen sech gutt an a Sécherheet fillen a Vertrauen kënnen hunn. Zudeem muss dat néidegt Material fir déi jeeweileg Interessin do sinn, dofir ass folgendes entstanen:

Ofgetrennten lessberäich

Dëse gouf sou ëmfunktionéiert, dass och an deem Beräich alles grëffbereet ass wat een dee Moment brauch. D'Kanner kruten een méi groussen Dësch, dass déi maximal 5 Kanner déi zesummen iessen gutt Plaz fannen. Deen méi groussen Dësch erméiglecht et eis méi konzepttrei ze schaffen well mir sou Plaz hunn fir d'Schosselen mam lessen um Dësch ze presentéieren an soumat kënnen d'Kanner ufänken sech selwer ze zerwéieren. An eisen ofgetrennten lessberäicher fannen ausserhalb vun den lessenszäiten eenzel Aktivitéite statt.

Ofgetrennte Kreativberäich

Dëse Beräich erméiglecht eis an de Kanner méi Flexibilitéit. Sou wéi och d'Konzept et wëll, sollen d'Kanner d'Méiglechkeet hunn hiren Interessien nozegoen. Dëst ass elo besser méiglech well de Molberäich ofgetrennt ass. Mir kënnen den Dësch preparéiere mat interessantem Material an sou kënnen d'Kanner d'Zäit fir sech auswielen an sech eegestänneg zerwéieren.

Roueck

Well d'Kanner net all musse schlofe goe mee verschidde awer zu engem Moment midd ginn, bidde mir hinnen eng Rouméiglechkeet un. Heifir hunn mir ee Roueck installéiert dee bësse verstoppt ass a mat ville Këssen an

Petzien ausgestatt ass. Hei kënnen si selwer entscheede wéini si sech hei wëllen zeréckzéien. De Roueck grenzt direkt un de Bicherschaf, soudass d'Kanner sech och mol ee Buch huelen an dëst hei gemittlech kucken.

Baueck

De Baueck ass niewent dem Kicheneck de gréisst ausgebaute Beräich. Hei fënnt ee ganz vill verschidde Materialie fir ze bauen, transportéieren, sammelen, stapelen, uneneenreihen, asw. D'Konstruktionspiller probéiere mir ze beliewe mat z.B. Autoen an Déieren. Dëst soll ureege fir hir Spiller ze erweideren. D'Materialie ginn altersentspreechend an no Interessien ausgetosch falls néideg. An dësem Eck fënnt een z.B.: Autoen, Déieren, Holzsteng, Korksteng, Zuch, Camionen a verschidde Gréissten a Figuren.

Kicheneck/Poppeneck

De Kicheneck hunn mir passend mat de Poppen verbonnen, soumat gëtt automatesch d'Symbolspill ugereegt, soudass d'Kanner z.B. ufänken de Poppen ze kachen an hinnen eppes z'essen ze ginn. Dësen Eck erméiglecht och zum Deel schonn ab engem gewëssen Alter d'Rollenspill.

Bewegungseck

Dësen hale mir zwar méi kleng mee et gëtt ëmmer eng Bewegungsbaustell proposéiert. Dëst variéiert tëschent engem Piklerdräieck (ze vergläiche mat engem klengen Klotergerüst), Balancéierbried, kleng Holzrutsch, ...

All dës Ecker goufen den Interessie vun den Kanner ugepasst, soudass fir jiddereen eppes ze fanne misst sinn. Wann awer gemierkt géif ginn dass iergendeppes feelt, si mir flexibel a strukturéieren déi eng oder aner Plaz ëm. Ëmstrukturéiert gëtt souwiesou reegelméisseg an deem Sënn dass d'Spillmaterial aus de verschidde Ecken ugepasst gëtt un déi verschidde Alteren an Interessien.



Dann bleibt nach eist d'Buedzëmmer:

Natierlech gëtt dëst ganz typesch benotzt fir Pampers, Toilette a Fanger ze wäschen, mee och hei probéiere mir méi speziell Aktivitéiten unzebidden.

Dëst si Sënnesaktivitéite mat Faarf oder Räis/Sand z.B. oder och eng Waaasseraktivitéit.

Ganz no der Pikler-Pädagogik probéiere mir de Kanner hir Bestriewungen no Autonomie an hir Kompetenzen an hiren natierleche Virwëlz ze erkennen an ze ënnerstëtzen duerch eis alldieglech Aarbecht an eise Raim, déi den drëtten Pädagog duerstellen.

Mir hoffen dee klengen Abléck an eis Raim huet lech gefall.



Bike4all - Alles op de Vëlo am Waarkdall

D'Gemenge Feelen a Mäerzeg, a Kooperatioun mat de Kommissiounen Ëmwelt & Mobilitéit Feelen an Event & Green Mäerzeg, haten den 22. September 2019 am Kader vun der europäischer Mobilitéitswoch an dem „Tour du Duerf“ een autofräien Dag mam Fokus op de Vëlo organiséiert.

Photos: John Zeimet & Rom Helbach

Et ware genau 445 offiziell Aschreiwungen bei der 1. Editioun an domatt e grouse Succès, mat och ville weidere Cyclisten op der Streck!

D'Organisatiounsteam seet jidderengem ee grouse MERCI: Gemengepersonal Feelen & Mäerzeg, Ponts & Chaussées mam Mobilitéitsministär, CGDIS & First Responder, Art & Wise Creative Studio, Feelener Musek, Feelener Jongen, Dëschtennis Groussbus-Mäerzeg, XS Productions, Nordlicht-TV, Fotografen, Eldorado, LS-Sports (E-Bikes), Ralph "Dizzy" Diseviscourt, Laurent & Lex Reichling, Luc Mergen, Vintage Boys, Foodtrucks, Metzler Jos, Boulangerie-Pâtisserie Jos & Jean-Marie Sàrl, A. Di Cato Sàrl, Fairtrade Lëtzebuerg, Klimabündnis, Klimapakt, Anti-Gaspi, Lëtzebuerger Vëlos-Initiativ, OA6 Wellness SA, Z Promotions Sàrl, an PTA Fitness. D'Organisatiounsteam schafft elo un der 2. Editioun a versicht de #bike4all nach méi flott ze maachen.





SAVE THE DATE!
2. Editioun!
20.09.2020
10.00 bis 18.00 Auer


#bike4all - Alles op de Vëlo am Waarkdall!

Europäesch Mobilitéitswoch & Tour du Duerf

D'Gemenge Feelen a Mäerzeg, a Kooperatioun mat de Kommissiounen
Ëmwelt & Mobilitéit Feelen an Event & Green Mäerzeg, organiséieren
am Kader vun der europäischer Mobilitéitswoch an dem „Tour du Duerf“
(www.tourduduerf.lu) een autofräien Dag mam Fokus op de Vëlo.

D'Decisioun ob de
BIKE4ALL kann oder däerf
stattfannen, eventuell an
enger méi einfacher Form ouni
Stänn, huele mir am August 2020.
Merci fir d'Verständnis am
Interessi vun der Gesondheet
an der Sécherheet vun eis
alleguerten.

#bike4all
Alles op de Vëlo am Waarkdall



Info

www.bike4all.lu

Gewinner des „Tour du Duerf“ & Bike4all wurden mit Gutscheinen belohnt



Bereits zum zweiten Mal organisierten die Umwelt- und Mobilitäts- Kommissionen aus Feulen den „Tour du Duerf“ vom 10. bis 30. September 2019. Während 3 Wochen radelten 43 Teilnehmer viele Kilometer und platzierten sich auf dem 3. Platz von insgesamt 69 teilnehmenden Gemeinden und 6 Regionen mit den meisten Kilometer pro Einwohner. Die Gemeinde Mertzig war bei der zweiten Teilnahme auch sehr erfolgreich und beide Gemeinden ehrten die

Gewinner in einer gemeinsam organisierten Preisübergabe im neuen Sport- und Freizeitzentrum in Niederfeulen. Die Preisträger aus der Gemeinde Feulen: Sparte Erwachsene: 1. Preis: Charles Ries; 2. Preis: Ben Philippe und 3. Preis: Albert Schaber. Sparte Kinder: 1. Preis: Louis Rodesch und 2. Preis: Milla Frank. Gemeinde Mertzig: Sparte Erwachsene: 1. Preis: Edy Conzemius; 2. Preis: Claude Ottelé und 3. Preis: Tom Keipes. Sparte Kinder: Mathis Elsen und Yannis Elsen.

Die Gemeinden Feulen und Mertzig in Zusammenarbeit mit den Kommissionen Umwelt und Mobilität Feulen sowie Event und Green Mertzig organisierten am Sonntag den 22. September zum ersten Mal einen autofreien Tag den „Bike4all - alles op de Vëlo am Waarkdall“. Sehr viele Fahrrad- fervernten unter Ihnen viele Familien mit Kinder hatten keine Mühe gescheut um während einiger Stunden bei herrlichem Wetter so viele Kilometer wie nur möglich auf dem Fahrrad zu absolvieren. Diese Veranstaltung mit sportlichem aber auch mit Klimaschutz- bedingtem Charakter fand im Rahmen der europäischen Mobilitätswoche statt. Die zahlreichen Teilnehmer konnten durch ihre Einschreibung an einer Stempelralley mitmachen. Eingangs der Preisübergabe ging sowohl die Vorsitzende des Organisationsvorstandes Christianne Mergen, sowie auch die beiden Bürgermeister Fernand Mergen und Mike Poiré auf Sinn und Zweck dieser Veranstaltung ein und bedankten sich bei allen die sich an diesem Event beteiligten. Die richtige Antwort beim Quiz der Stempelralley lautete 4492 Einwohner. Sylvia Eicher hatte genau richtig getippt und konnte den 1. Preis entgegennehmen. Der 2. und 3. Preis gingen jeweils an Patrick Hinterscheid und Luc Mergen. Einer weiteren Ausgabe am 20. September 2020 steht nichts im Wege.

Text & Photo: Charel Reiser

Solidaritéits- schlaang

Um Parking virum Centre Turelbaach
op der Mauer

Léif Kanner a Spadséiergänger, och an dësen
Longewéinlechen Zäite soll een d'Schéinheet vun
den einfache Saachen nitt vergiessen. Faarwen brén-
gen d'Gefiller an Emotiounen am beschten eriwwer.

D'Maison Relais hat eng flott Initiativ an huet dës Ak-
tioun gestart: den éischte Steen ass ee Schlaangekapp
an d'Schlaang ass ëmmer méi grouss ginn an de leschte
Wochen a Méint.

Bleift gesond!

#solidarity
#zesummestaark
#schlaang
#mertzig4all





Wann Dir Är gefëllte
